

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. François Benoy), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

#### 4. 8080 – Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2023 [...]

#### 8081 – Projet de loi relative à la programmation financière pluriannuelle pour la période 2022-2026 (suite)

Ier mer zum Vott vum Budget kommen, musse mer fir d'éischt iwwert den Amendement Nummer eent vun der CSV ofstëmme. An do hat den Här Dan Kersch direkt d'Wuert gefrot.

##### Amendement 1

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Merci, Här President. Ech wollt natierlech Stellung huelen zu deem, wat den Här Roth gesot huet. An ech huele mer déi Wieder zu Häerzen, déi Der ganz zum Schluss vun deem aneren Debat gesot hutt an ech probéieren, dat esou konstruktiv wéi méiglech ze maachen.

Fir d'éischt wëll ech soen, dass ech zu kengem Moment gesot hunn, et wär eng Respektlosegkeet vis-à-vis vun deene Leit, déi beim CGDIS schaffen, an deenen, déi beim CGDIS fräiwëlleg wäeren, wann Der géift deen Zousaz wëlle bäibehalen, wat d'Budgets-begrenzung ugeet, mee ech hu gesot, et wär eng Respektlosegkeet vis-à-vis vun de Verantwortleche vum CGDIS an deene Leit, déi do am Verwaltungsrot sëtzen. Dat ass e groussen Ënnerscheed, deen ech dann an Ärem Sënn dann elo nach eng kéier hei preziséieren.

Dir maacht och hei opmierksam op e Widdersproch, deen et tëschent Syvicol an nationale Politiker gëtt. Ech wëll Iech just soen, Här Roth, dat ass d'Problematik vun den Duebelmandater. An déi trifft net nëmme fir LSAP-Vertrieder zou, mee déi trifft fir alleguerten d'Leit zou, déi heiansdo zwou Kapten hunn an déi heiansdo mussen dat eent an dat anert sech wënschen an op där anerer Säit dann awer och decidéieren.

Ech maachen drop opmierksam, vläicht och dorunner dann ze erënneren, dass hei och Leit op Är Bänk sëtzen, déi Avise vum Syvicol zwar matgestëmmt hunn an dann hei an der Chamber genau de Contraire. E Beispill ass dat vun de Visiokonferenze bei de Gemengen. Dofir, sidd doranner e bësse méi bescheiden! Dee Problem do kréie mer just geléist, wa mer effektiv eng kéier géifen d'Trennung vun de Mandater errechen. Mee do si mer nach alleguerte e wäit Stéck dervun ewech.

Et ass net ëmmer méiglech, fir dat, wat ee sech als Lokalpolitiker wënscht, och um nationalen Niveau dann ëmzesetzen, an ech mengen, däers si mer eis alleguerte bewusst. An dofir wäer mer alleguerte gutt beroden, do e bësse méi nogibeg mat deem engen a mat deenen aneren ze sinn, well et ass jiddwereen an

där Situatioun. A wann ech op Är Bänke kucken, hutt Der méi Député-mairen do sëtze wéi soss iergendeen.

Gutt, dat gesot, awer zum Inhalt: Ech hu mer awer elo d'Chiffere gi gelooss, wat de Budget 2022 vum CGDIS ugeet. An do kënn eraus, dass d'Gemenge ronn 32 Milliounen bäigeluecht hunn an de Staat 32 Milliounen bäigeluecht huet. Et ass eng ganz grouss Rentrée, déi ass vun der TVA, vu ronn 48 Milliounen, an ech kommen dorobber ze schwätzen, wann ech d'Zäit kréien.

Et ass also net esou, dass do elo d'Gemenge géifen, wéi dat virdru gesot ginn ass, 75 % bezuelen an de Staat nëmme 25 % dann. Et kënn nach derbäi, dass zousätzlech 11 Milliounen eleng vum Staat gedroe ginn, wou d'Gemengen net participéieren. Et ass och esou, wéi mir dat hei ausgemaach hunn. Dat sinn dann d'Fraise vum SAMU, dat sinn d'Fraise vun den Auslandsatz – an ech gesinn d'Presidentin vum CGDIS do sëtzen –, déi a leschter Zäit zougeholl hunn an och u Wichtigkeet gewonnen hunn an och déi international Frëndschaft, mengen ech, awer zementéieren, déi mer mat den Nopeschcorpsen a mat den Nopeschlänner hunn.

Dann – an do ass den Diskussiounspunkt –, déi 48 Milliounen, déi iwwert d'TVA an den CGDIS erafléissen: Sinn dat Gemengesuen oder sinn dat Staats-suen? An ech wëll hei a voller Transparenz soen: Wéi ass et iwwerhaupt dozou komm, dass dee groussen Deel do vun TVA, also 48 Milliounen d'lescht Joer vun deenen 150 Milliounen insgesamt, déi et sinn ..., dat ass e ganz grouss Batz. Wéi ass et dozou komm?

Ma wéi mer d'TVA vu 15 % op 17 % eropgesat hunn ... Mir wëssen alleguerten, firwat dass dat hei am Land geschitt ass: Dat ass expressement gemaach ginn, fir déi Suen ze kompenséieren, déi mer verluer hunn duerch d'TVA-Einnahmen um internationale Commerce électronique: 1 Milliard. Dat war de Grond, firwat dass d'TVA vu 15 % op 17 % eropgesat ginn ass. A wéi dat gemaach ginn ass, waren et selbstverständlech eng Rei Leit, déi haten d'Iddi fir ze kucken: Ma wéi ass dann an der Vergaangenheet mat den TVA-Erhéijungen hei am Land ëmgaange ginn? An do huet ee sech drun erënnert, dass et emol eng kéier esou eng Mesure ginn ass, fir d'TVA an d'Luucht ze setzen, fir notament d'Stolkris hei zu Lëtzebuerg ze reegelen, an déi TVA-Erhéijung ass dann à 100 % an de Staatsbudget gefloss an den Undeel vun de Gemengen ass neutraliséiert ginn. D'Gemengen hunn dat net kritt.

Dunn ass natierlech gesot ginn: „Ma hei ass u sech déi nammlecht Logik unzewenden!“ Mir maachen dat jo net hei, fir de Gemenge méi Suen ze ginn, mee mir maachen dat, fir dat ze kompenséieren, wat de Staat aleng u Commerce-électronique-Sue verléiert. An duerfir kritt d'Gemeng deen Undeel net.

Deemools als Inneminister huet dat mer net immens gutt geschmaacht an ech hu mat de Kolleegen zesummen herno e ganz gudder Kompromiss fonnt, wou mer gesot hunn: „Ma dann huele mer deen Undeel a ginn en integral un de CGDIS.“ Dat heescht, mir hunn e souguer op e Kont gesat, dat heescht, de CGDIS, éier en ugefaangen huet, konnt vu ganz ville Reserve funktionéieren, déi op déi doten Aart a Weis an d'national Sécherheet gefloss sinn.

Natierlech hunn dunn d'Vertrieder vun de Gemenge gesot: „U sech sinn dat doten eis Suen, mir hätten déi missen integral kréien!“ Op där anerer Säit waren awer eng Rei vu Staatsvertrieder, déi gesot hunn: „A nee, déi 48 Milliounen, déi do erafléissen, dat si reng Staatssuen, well et sinn TVA-Suen an d'Gemengen hunn deen Undeel do net zegutt an dofir sinn dat Staatssuen a sinn och als Eenzeg esou ze betruechten.“

Wann een natierlech déi 48 Milliounen bei de Staat géif integral derbäisetzen, dann ass deenen hiren Deel weesentlech méi grouss wéi dee vun de Gemengen. A wann een e bei d'Gemengen ëmgedréint géif setzen, ass deen Deel weesentlech méi héich wéi dat, wat gemaach ginn ass.

Ech mengen, dass mer e gudder Wee fonnt hunn, dass mer gesot hunn, mir maachen et u sech hallef-hallef an dann ass dee Sträitpunkt do gereegelt. Also nach eng kéier: Kommt, mir bleiwen awer bei der geschichtlecher Wourecht! Ech mengen, dass dat eng gutt Reegelung war. Déi ass och vu jiddwengem hei an der Chamber – ech betounen dat nach eng kéier – esou matgedroe ginn.

Ech mengen och, dass dat direkt näischt domat ze dinn huet mat där Sträitfro, déi mer elo hei ze trancheieren hunn. Ech wëll awer nach derbäisoen, Här Roth, dass Är Rechnung vläicht fir eng Gemeng, déi 10.000 Memberen huet, richteg ass. Mee et ka genau esou gutt sinn, dass bei enger anerer Gemeng, déi 10.000 Awunner huet, falsch ass. Dat hânt nümlech dovun of, wat déi Gemeng an deem enge Moment investéiert huet, éier mer an d'Gestioun komm sinn, a wat se deen anere Moment investéiert huet.

Wann ech zum Beispill d'Stad Lëtzebuerg kucken, déi och e groussen Deel an den CGDIS abezuelt, kann ech mer net virstellen, dass dee Betrag an d'Luucht gaangen ass par rapport zu deem, wat d'Stad Lëtzebuerg virdrun, virun der Reform, investéiert huet an d'Sécherheet vun hire Bierger. Am Géigendeel, dee Betrag, géif ech mengen, ass erofgaangen. Et kann een dat also net einfach esou extrapoléieren, wéi Dir dat hei gemaach hutt, ouni dass ech awer wëll bestreiden, dass et Gemenge gëtt, wou selbstverständlech och den allgemengen Asaz an d'Luucht gaangen ass. Dat ass mat Sécherheet an eenzelne Gemengen de Fall. Et muss een et awer, menger Meinung no, méi differenziéiert kucken.

Mee ëm wat geet et elo konkreet bei deem Virschlag, deen Dir dann elo am Numm vum Syvicol ... Iwwregens sinn ech ganz geeiert. Ech mengen, dass dat déi éischte kéier ass, dass et wéinst engem Deputéierten ass, wou dann d'CSV hei e Budgetsamenagement mécht. Ech schreiw mer dat dann a mäi gëllent Buch an! Mee ëm wat geet et konkreet? Et geet jo drëms, ob mer wirklech eng staatlech, gesetzlech Garantie brauchen, fir d'Ausgabe vum CGDIS ze begrenzen.

Ech hat geschter gesot an ech stinn och derzou: Ech sinn der Meinung, dass mer esou eppes net brauchen. An zwar ass engem ganz einfache Grond sinn ech der Meinung, dass mer dat net brauchen: Well an deem CGDIS-Verwaltungsrot – partiellwergreifend iwwregens! – Gemengevertrieder sëtzen, déi jo net fir näischt do sëtzen, mee déi sëtzen jo do, fir d'Interête vun de Gemengen ze verteidegen, dass déi also do gläichberechtigt iwwert d'Budgeten decidéieren, déi alljoers am CGDIS verabschit ginn.

An ech bleiwen der fester Iwwerzeugung, dass déi Leit, déi am CGDIS d'Verantwortung droen, nëmme dat an de Budget schreien, wat se effektiv brauchen, fir d'Sécherheet vun de Bierger ze verteidegen. An dofir mengen ech och, dass mer deen Amendement do net brauchen. An ech bleiwen derbäi, dass ech grousst Vertrauen hunn an déi Verantwortlech vum CGDIS, dass Fouss bei Mol gehale gëtt an dass effektiv nëmme dat investéiert gëtt, wat mer wirklech brauche fir d'Sécherheet vun eise Bierger. An domadder ginn ech meng Meinung hei kund, dass ech also mengen, dass mir deen Amendement do net sollen unhuelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. An da geet d'Wuert un d'Madamm Lydie Polfer. Madamm Polfer, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Merci, Här President. Am Fong, nodeems den Här Kersch elo nach eng Kéier op dee ganze Werdegang vun deem Gesetz, dat mer hei 2018 à l'unanimité ugeholl hunn ..., bräicht ech am Fong net méi vill derbäizesoen.

Ech wëll nëmme just ënnersträichen, datt, wa mer dat Gesetz 2018 hei à l'unanimité ugeholl hunn, dann ass et, well d'Zil vun deem Gesetz ons wichtig war. An d'Zil vun deem Gesetz war jo, am ganze Land sécherstellen, datt, wann eis Bierger an Nout sinn, ob iwwert d'Brandgefor oder iwwert d'Ambulanzwiesen, datt se ënner beschtméigleche Konditiounen kënne gehollef kréien.

Dat hate mir, an ech hunn dat déizäit gesot, mengen ech, hei an der Stad gutt opgestallt. A mat deene Berufspompjeeën, déi mer hei haten, si mer wäit iwwert d'Grenzen erausgaangen, fir de Bierger ze hëllefen. Dat war op villen anere Plazen am Land awer net de Fall. An et war, fir dat ze behiewen, wou mer dat Gesetz gemaach hunn a wou dee Moment jo och déi Finanzéierung virgise war, wéi den Här Kersch se elo ganz richtig duergeluecht huet.

Wann ech mer erlaabt hunn, dat do ze soen, dann ass et fir ze ënnersträichen, datt dat Wichtigst hei an deem ganze CGDIS d'Zil ass, dat mer wëllen ereeche, dat heescht, all eise Bierger déi beschtméiglech Hëllef ze ginn, wa se se da brauchen.

An dofir, an dat ass awer richtig, wat den Här Kersch sot, mee et ass eng Diskussioun, déi mer geféiert hunn an déi mer och wannechgelift solle weiderféieren. Wiem gehéieren déi 2 %, wéi d'TVA gehéicht ginn ass? Wiem gehéiere se? Sinn dat déi Suen, déi hätte missen direkt bei d'Gemenge kommen oder war et richtig, se dee Moment eeben op dee Konto ze setzen, fir deen nei ze schafende CGDIS ze finanzéieren? Dat war dee Moment eng Diskussioun an, effektiv, iwwert d'Joren ass se och weidergeféiert ginn.

Mir hunn eng Proposition de loi vum Michel Wolter ..., hate mer och virleien an ech mengen, dofir géif ech d'CSV froen, effektiv deen Amendement hei zréckzezéien. De CGDIS u sech, d'Zilsetzung vum CGDIS, ass ze wichtig, fir se elo a Strätgesprécher wëllen ze zerrieden! Datt een ëmmer muss iwwert d'Finanzéierung schwätzen, dat ass evident. An och ech als President elo vum CGDIS, wou ech d'Gemenge vertrieben a wou ech d'Interête vun de Gemengen alleguer vun de Vertrieeder, wierklech, mat dann de Vertrieeder vum Staat versichen, esou gutt wéi méiglech – awer wierklech esou gutt wéi méiglech! – ze organiséieren, kann ech Iech soen, datt ech jo do als Gemengevertrieeder net eleng sinn. Ech mengen, den Här Mellina, de Buergermeeschter vu Péiteng, huet eng ganz wichteg Roll an eiser Finanzkommissioun. A mir hu bis elo wierklech Suerg gedroen, datt mer déi beschtméiglech Decisiounen do geholl hunn.

Dofir, wann ech soen, et wier gutt am Sënn vun der Ënnerstëtzung vun deem jonke Corps, dee mer do opgebaut hunn, mee dee bis elo ganz gutt Aarbecht geleescht huet, awer deen och nach an dem Opbau ass ... an ech wëll et elo net ze laang féieren, mee den Opbau, dat ass jo d'Verwierklechung vum PNOS, dat heescht, vun deem Plang, wou mer wëllen an e puer Joer do sinn, datt op all Plaz an deem Land – an dat ass net esou einfach! – a 15 Minutte Leit Hëllef kréien, sief et entweeder Brandschutz oder eebe mat Ambulanzen. An dat kritt een net fir en Nulltariff! Dat ass evident. Dat kascht. Dat kascht Asaz vu Leit. Dat kascht Asaz vu Material. A bis elo hu mer dat effektiv an net ëmmer einfache Situatiounen, mee awer ganz gutt zesummen, souwuel d'Gemengevertrieeder ... an do war nach net eng eenzeg Decisioun, déi mer net zesummen à l'unanimité geholl hunn, konnte mer dat maachen!

Dofir, mäi Wonsch – an ech schwätze vum Conseil d'administration vum CGDIS mat all de Gemengevertrieeder. Dofir wier mäi Wonsch, datt mer weider kéinten iwwert dese ganz sensibele Sujet – dat wëll ech guer net oferkennen – vun der Finanzéierung schwätzen.

Well jo, et ass och wouer, wat den Här Kersch gesot huet: Déi eng Gemengen, déi musse souguer manner bezuelen. A jo, dozou gehéiert d'Gemeng Lëtzebuerg. Firwat? Mee well mer virdu proportionell an exceptionnellement méi investéiert hunn. Elo gëtt versicht, do op enger national Basis e bësse méi ausgeglach a méi gerecht ze sinn, mee well och méi Servicer fir déi eng an déi aner dobäi sinn. Dat si ganz sensibel Diskussiounen, mee et wier net gutt, wann de CGDIS a seng Aarbecht dodrënner misste leiden. Bis elo hu mer ganz gutt zesummege schafft um Niveau vun dem Conseil d'administration, an ech wier am Fong ganz frou, wa mer dat kéinten och weider esou maachen.

Dofir meng Bitte: Wann dat net sollt, wann dat net ka gemaach ginn, da kann ech menger Fraktioun och nëmme uroden, deen Amendement hei net unzuhéilen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Madamm Polfer. An da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

**M. Michel Wolter** (CSV) | Merci, Här President, fir d'Wuert. Ech géif vläicht op e puer Saache wëllen agoen, déi am Kader vun der Diskussioun iwwert dese Sujet elo geschwat a gesot gi sinn.

Der Madamm Polfer géif ech gäre soen, datt, wann ee wierklech eng Diskussioun iwwert de Fonctionnement a virun allem manner iwwert de Fonctionnement wéi iwwert de Finanzement vum CGDIS wëll maachen, da mécht een dat net duerch en Artikel am Budgetgesetz. Da mécht een dat duerch eng oppen, fair Diskussioun, andeem ee kuckt: Wat war 2018 d'Zil? Wat ass um Finanzement säit 2018 effektiv geschitt? A wéi kënne mer de Finanzement vum CGDIS nei gestalten, anescht gestalten, esou gestalten, wéi déi meescht Leit et 2018 verstanen hunn, nämlech dass de Finanzement géif fifty-fifty téschent dem Staat an de Gemenge gestalt ginn?

Dofir wëll ech fir d'éischt emol soen, dass keen heibannen, kee vun deene 60, an ech mengen, och net doriwwer eraus, um Fonctionnement vum CGDIS an den Zilsetzung vum CGDIS eppes auszesetzen huet. Mir ënnerschreien als Partei wéi all Partei dat Zil, fir am ganze Land a 15 Minutte kënne op der Plaz ze sinn, wat dat oberst Zil ass.

Mee mir hätten awer gären, dass d'Aart a Weis, wéi dee CGDIS finanzéiert gëtt, wat eng komplett aner Diskussioun ass, dass déi erëmkënn op dat, wat et initial hätt solle sinn, nämlech op e Kofinanzement vu 50 % vum Gemengesecteur a vu 50 % vum Staatssecteur, wat manifestement haut net de Fall ass.

An d'Brems, an dofir, Madamm Polfer, hutt Dir an den Här Biancalana och matgestëmmt, ...

*(Interruption par Mme Lydie Polfer)*

... ganz sécher matgestëmmt um Niveau vum Syvicol ... Dann hutt Dir net matgestëmmt, mee Dir waart awer ganz sécher och domadder d'accord. Dat ass, dass deemools 2018 ... an dofir sinn ech eigentlech esou opbruecht iwwert dat, wat Der amgaange sidd, haut hei ze maachen. D'Brems, déi 2018 schonn agebaut ginn ass, dat ass, dass de Gemenge versprach ginn ass deemools: „No 2023 spéitstens si mer an

enger Repartitioun fifty-fifty an all Augmentation de coût, déi dann nach kënn", et ass 2023 oder 2024, ech hu meng Notten elo net hei, „déi gëtt da gedeckelt.“ Gedeckelt doduerch – an dorëms geet et jo eigentlech hei –, dass en Deckel am Gesetz vun 2018 agesat ass, deen au bénéfice vun de Gemengen agesat ginn ass an deen notament eent vun den Elementer war, firwat dass meng Partei dee Projet de loi och deemools matgestëmmt huet.

Dat ass en essenziell Element vum Finanzement vum CGDIS, dat de Gemengen d'Garantie gëtt, datt et an enger rasonabler Forschett bleift. An dat ass net eng Decisioun vum Conseil d'administration vum CGDIS. Do sidd Der falsch. Dat ass eng Decisioun vun der Chamber deemools gewiescht fir ze soen: „Déi Garantie gi mer de Gemengen.“ An déi gëtt elo duerch d'Hannerdier ... ouni Diskussioun, well et am falsche Kontext ass. Mir diskutéieren hei iwwert de Budget vum Staat. Mir diskutéieren net iwwert d'Aart a Weis, wéi de CGDIS soll fonctionéieren.

An dofir géif ech Iech, Madamm Polfer, just de Contraire froen. Ech géif Iech bieden, well et nämlech guer näischt ännert, dass Der den Amendement vun der CSV géift stëmmen, wat eigentlech um Finanzement vum CGDIS fir d'nächst Joer näischt ännert. An da setze mer eis beieneen a mir diskutéiere partiwwergräifend iwwert d'Zukunft vum Finanzement vum CGDIS. Dann huele mer eis déi Zäit, déi Der elo gefrot hutt. Mee net, andeem mer elo eng Decisioun huelen, déi eigentlech schonn alles prefiguréiert, an dann duerno driwwer diskutéieren, datt dat, wat prefiguréiert ass, net méi réckgängig ze maachen ass.

Ech dréinen Iech Äre Rasonement, Madamm Polfer, komplett ëm. An ech géif d'Vertrieeder vun der Majoritéit bieden an och d'Finanzministesch, fir deen Artikel do elo ze sträichen a fir dat ze maachen, wat d'Madamm Polfer proposéiert huet: sech am éischten Trimester beieneenzesetzen an ze kucken, wéi een eigentlech 2018 (veuillez lire: 2023) nees op e Finanzement vum CGDIS kéint kommen, deen deem entsprécht, wat d'Objektiver waren, wat och d'Meenung vum Syvicol war, wéi se gesot hunn: „Dat do kann dach net sinn!“, a wat och d'Meenung vu menger Partei ass. An dofir hu mer en Amendement gemaach.

Ech wollt eppes Zweetes soen, wat mer ganz wichtig ass, well mer hei iwwer Finanzpolitik schwätzen. Et gëtt keng TVA communale an eng TVA nationale. Et gëtt an deem Land eng TVA. Dat war scho virun 2018 de Fall. Dat ass och haut de Fall. An et ass net esou, a wa verschidde Leit dat vusäite vun der Regierung an Diskussiounen, wou jo kee vun eis derbäi war, gesot hunn, fir ze soen: „Jo, mee do ass dat awer déi TVA, déi iwwert de Commerce électronique, déi fällt ewech, dat ass dem Staat seng TVA.“

Mitnichten, well virun 2018 waren d'Gemenge genau sou mat 15 % um Rendement vun den TVA-Rentrées op dem Commerce électronique bedeelegt wéi de Staat. Da kann een dach net soen, da kann een dach net soen ... 10 % vu 15 %. Da kann een dach net heihinner kommen a soen: „Et gëtt eng Gemengen-TVA, et gëtt eng Staats-TVA, an 2018 ass decidéiert ginn, dass d'Gemengen en Deel vun der TVA eigentlech net méi géife kréien.“ Dat waart Dir net. Ech schwätzen elo mam Här Kersch. Dat ass dach en abstruse Rasonement, deen do gefouert gëtt, dee sech eigentlech total widdert d'Leitplank vun der Fiskaltheorie heurtéiert.

An de Beweis, dass et net esou gemaach ginn ass, ass jo deen, dass d'Gemengen déi 2 % jo net definitiv ofgeholl kritt hunn. An dat ass och de Beweis fir meng Theorie, dass et Gemengesue sinn. Awer – wéi soll ech soen? – de gesetzleche Beweis, dass et esou



ass, well déi 2 %, déi elo entre-temps dann 48 Millionen ausmaachen, déi transitéieren iwwer e Fonds de dotation communal.

Dat sinn also Gemengesuen, déi de Gemengen zougeschriwwen ginn an dann amplat, datt se ënnen am Dëppen un déi 102 Gemenge verdeelt ginn, gi se uewen am Dëppe erausgeholl. An dat ass de Beweis, datt et Gemengesue sinn. An dat ass och de Beweis, dass dat, wat virdu gesot ginn ass a wat a menger Proposition de loi drasteet, déi ech nawell ganz gären an déi Diskussioun, déi Der do wëllt féieren, Madamm Polfer, wëll eranhuelen, well do d'Chifferen dra sinn, déi also bewiesen, dass mer an enger Repartitioun 75:25 sinn.

A wat nach derbäikënn, dat ass, dass de Staat säin initialen Engagement eigentlech ni geholl huet, well déi 2 %, déi si während Jore tresoriséiert ginn a sinn dann an de Fong eriwergesat ginn. Mee déi Contrepartie, fir op 50:50 ze kommen, déi de Staat hätt missen an d'Dëppe leeën, déi sinn ni an d'Dëppe geluecht ginn. An dat huet seng Konsequenze bis haut! Dat huet seng Konsequenze bis haut op de Finanzement vun deem ganze CGDIS. Well doduerch, dass 123 Millionen – oder esou eppes Ähnlech – dem CGDIS feelen, d'Gemengen natierlech och am Finanzement vun deenen Investissementer, déi elo an de CGDIS kommen, iwwerproportional musse bedeelegt sinn, ganz einfach well se méi Suen op den Dësch musse leeën.

A mir wëssen alleguer, ob een am Conseil d'administration vum CGDIS ass oder net, dass grouss Investissementer op eis duerkommen – ganz grouss Investissementer! Dofir wär et wichteg, ier déi grouss Investissementer kommen, d'Finanz- an d'Finanzierungssituatioun vum CGDIS op fifty-fifty ze leeën fir sécherzestellen, datt de Staat säi Bäitrag gëtt an dass d'Gemengen hire Bäitrag ginn, mee an enger fairer Partnerschaft, an net an enger Aart a Weis, wéi dat hei en fin de compte geschitt ass, wat au détriment geet.

An d'Schéier geet vu Joer zu Joer weider ausereneen, well wann ech bei menger Proposition de loi nach eng Kéier d'Chiffere vun 2022 derbäi kann huelen, da komme mer – wa mer den initiale Finanzement huelen a mir huelen d'Aart a Weis, wéi de CGDIS haut finanzéiert gëtt – quasi op e Bäitrag vun 80 %, déi d'Gemenge bäileeën, an 20 %, déi de Staat bäileet.

An et ass jo net deen eenzege Problem, dee mer hunn. Mir missten eis wierklech eng Kéier doriwwer ënnerhalen. Well et ass en zweeten Deel, deen an där Reform Kersch vun 2016/2017 amgaangen ass, eis ëm d'Oueren ze fueren an ze explodéieren. Dat sinn d'Pensiounscotisations vum de Gemeengebeamten, wou och mat engem Prinzip gebrach ginn ass, deen e ganz wichtige Prinzip ass: nämlech dass de cotisiéiers fir deng Leit!

Et ass gebrach gi mat deem Prinzip, well 14,7 % vun de Cotisations, déi ginn net méi bezuelt vun enger Gemeng fir hir Beamten, mee se gi bezuelt och nees duerch dat Dëppen. Dat Dëppen, wat en fin de compte amgaangen ass, e Fourre-tout ze gi vun all méigleche Saachen, wou ech eng Repartitioun tëschent de Gemenge maachen, ier ech Bottom Line de Gemengen déi Suen zur Verfügung stellen, déi ech brauch.

A wann ech d'Chifferen ... an ech wär frou, wa mer eng Kéier och doriwwer géifen diskutéieren an där zoustänneger Kommissioun an den nächste Méint. Wann ech kucken, wéi d'Défizit-Chifferen amgaange sinn, an d'Luucht ze goen, wann ech kucken, wéi dee System ass, da gëtt et eng Gemeng hei am Land, déi op deem dote präzise Punkt en fin de compte ass en détriment vun 111 anere Gemengen, sech gesond ze ...

**Une voix | 101.**

**M. Michel Wolter (CSV) | 101!** Wat hat ech gesot?

**La même voix | 111.**

**M. Michel Wolter (CSV) | 101.** Dat war e Lapsus, entschëllegt! Ech wëllt, et wäeren der manner, mee dat war meng Meinung scho méi laang. 101 Gemengen.

Well fir 14,7 % vun der Cotisation meng Gemeng, an all Gemeng am Land, fir all Beamte cotiséiert. An et gëtt eng Gemeng hei am Land, déi huet 4.700 Beamten, wann ech dat richtig am Kapp hunn, an all déi aner Gemengen zesummen ...

*(Interruption)*

Nee, manner. Op jidde Fall ganz vill, an déi aner manner.

An ech hunn et fir meng Gemeng ausgerechent. Dat, wat mir haut am Dëppen ewechgeholl kréien, par rapport zu deem, wat mir misste bezuelen, wa mir fir eis Leit géife cotiséieren, dat maache 420.000 Euro d'Joer aus – d'Gemeng Käerjeng.

Rechent et fir Iech aus! Rechent Är Lounmass aus! Rechent 14,7 % vun Är Lounmass derbäi! An da musst Der eng zweet Rechnung maachen, dat ass: Dir musst Är Part am Fong rechnen – d'Fonds de dotation –, wivill Prozent dass Der hutt. Bei eis ass dat 1,45 %. An da rechent Der aus, wat dat ausmécht par rapport zu deem, wat distribuéiert gëtt! Da kënn Der – dat ass eng Règle de tri – ausrechnen, wivill dass Der bezuelt op déi 14,5 %.

Well deemools decidéiert ginn ass, dass net all eenzel Gemeng méi fir sech bezilt, mee dass et en fin de compte kollektivéiert gëtt. An als Merci vun all deem – als Merci, dass d'Pompjeeën iwwerholl gi sinn, als Merci och, datt mer d'Protection civile iwwerholl hunn; iwwregens de SAMU, alles dat huet de Staat souwiso ëmmer en dehors vun deem Ganze bezuelt – hu mer dann an där ganzer Reform och nach en Taux multiplicateur kritt, deen esou ass, datt engem d'Dronkellen ausginn, wann een ausrechent, wat do am Land verdeelt gëtt.

Ech kommen also zur Konklusioun. Wann ech och nach gesinn, wat am PDAT steet, wann ech gesinn, wéi d'Bäihëllef vum Staat bei de Gemenge gedeckelt si säit Jore bei Fonctiounen, déi se gären hätten, dass mer weiderfueren, wéi mer amgaange sinn, en Aushiewele vun de PAGen a vun de Gemengekompetenzen um Niveau vun de PAGen ze erlieden, dass net nëmme Gesprächsbedarf besteet – an zwar ganz zolitte Gesprächsbedarf op deem Sujet! –, mee dass generell Gesprächsbedarf driwwer besteet, fir iwwert d'Relatioun vum Staat an de Gemengen an dem Rôle, deen d'Gemengen an Zukunft an deem Land nach solle spillen – ob se just nach Executant a Befehlsempfänger sinn oder ob se am Kader vun der Autonomie communale nach selwer d'äerfe Responsabilitéit fir hiren Territoire an hir Gemengen huelen –, dass et wichteg wier, dass mer doriwwer géifen diskutéieren.

An hei géif ech den Appell maachen, fir dese Punkt ... a well en esou wichteg ass a well e lassgetrennt, Madamm Polfer an Dir Dammen an Dir Hären, ze gesinn ass vum Fonctionnement, wat eppes komplett Aneschters ass, wär ech frou, wann d'Majoritéit ... Ech géif d'Majoritéit wierklech bieden, dem Amendement vun der CSV zouzestëmmen, an dass mer eis – well et keng direkt Implikatioun op de Budget 2023 huet; et gëtt keng Necessitéit vum 1. Januar un, fir dat dote ze hunn – d'Wuert ginn, dass mer dat éischt Trimester iwwert desen Dossier ganz seriö an deenen zoustänneger Kommissiounen diskutéieren, mam Zil – vun eis aus ganz sécher! –, fir dohinnerzekommen, duer, wou

mir deemools eis Zoustëmmung ginn hunn, nämlech dass mer an engem faire Prozess eng Ëmverdeelung vu 50 % vun de Käschte beim Staat a vu 50 % beim Ensembl vun de Gemengen hätten.

Merci.

**Plusieurs voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci villmoos, Här Wolter. Da geet d'Wuert nach eng Kéier zrëck un d'Madamm Polfer.

**Mme Lydie Polfer (DP) |** Jo, ech maachen et ganz kuerz. Den Här Wolter huet elo eng Rei Problemer opgeworf, déi echt Problemer sinn an déi effektiv echt Diskussiounen an och echt Léisunge verlaangen. D'Pensiounskeess: absolut! Dat ass eng reell Problematik.

Ech wëllt em awer soen ... Ech kommen awer op dat zrëck, wat ech gesot hunn a proposéiert hunn; an am Fong gëtt hie mer selwer d'Argument. Dir sot: „Deen heiten Amendement, deen ännert guer näischt un der Situatioun vum CGDIS fir 2023.“ Mee wann e guer näischt ännert um CGDIS fir 2023, ma da kommt, mir ginn eis jo an aller Rou Zäit, fir iwwert déi verschidde Situatiounen ze schwätzen.

Well, jo, do hutt Der Recht, do komme grouss Investissementer op ons – ech soen elo „ons“, awer ech menge mat „ons“ de CGDIS – duer. Mee et sinn och nach grouss, déi musse bezuelt ginn! Ech denken un deen neie Siège, wou mer dra sinn.

**Une voix | Jo.**

**Mme Lydie Polfer (DP) |** Dir wësst, wien dee gebaut huet, an Dir wësst, wien e prefinanzéiert huet.

Dat si grouss Investissementer, déi nach mussen zrëckbezuelt ginn!

An Dir wësst jo: Um Enn vun dem Joer 2023 ginn et Walen an do wäerten all déi Punkten, déi Der opgezielt hutt, bestëmmt verlaangen, nei gekuckt ze gi vun deene verschidde Säiten.

Dofir, well Der selwer sot: „Deen Amendement hei huet keng Influenz op de Budget 2023.“ Ma da kommt, mir ginn ons Zäit an deenen nächste sechs Méint, dat do zesummen an der Commission des Affaires intérieures an aller Rou an an aller Däitlechkeet ze diskutéieren, fir dann déi beschtméiglech Léisungen ..., jo, fir d'Gemengen, well effektiv d'Gemengen droen hei ganz vill derzou bëi, mee fir en essenzielle Service awer en eise Bierger.

An ech ginn net méi op déi Diskussioun an, wien seng Suen et sinn – dem Staat oder de Gemengen hir. Et si Suen, déi mer alleguer zesumme versichen, am beschte Sënn vun eise Bierger anzesetzen. An ech mengen, kommt, mer loossen eis dovou leeden. Da fanne mer bestëmmt och déi beschtméiglech Léisungen.

**M. Fernand Etgen, Président |** Merci, Madamm Polfer. Dann huet den Här Dan Kersch d'Wuert gefrot.

**M. Dan Kersch (LSAP) |** Merci, Här President. Ech wëll just nach eng Kéier widderhuelen, well den Här Wolter elo gesot huet, manifestement wär et net méi esou, dass d'Gemenge just géife 50 % bezuelen.

Ech widderhuelen nach eng Kéier: De Budget vum Joer 2022 – dee vum Joer 2023, et deet mer leed, deen hunn ech elo net hei – vum CGDIS: 32.204.000 Euro direkt vun de Gemengen, 32.204.000 Euro direkt vum Staat, 11.593.000 Euro direkt vum Staat, fir de SAMU ze bezuelen, fir Auslandsasatz ze bezuelen a fir Fluchthafe-Pompjeeën ze bezuelen. An da kommen nach eng Kéier 5.100.000 Euro derbäi iwwert d'Auto-steier. Dir kënn Iech erënneren, dass ech deemools als Inneminister immens kritiséiert gi sinn, well ech

fonnt hunn, dass och d'Assurancé missten en Deel derzou bäileen, wa mer deen nationale Sécherheits-corps do géifen opbauen.

An da bleift de Sträitpunkt vun deenen 48 Milliounen. Den Här Wolter huet elo nach eng Kéier seng Vue duergeluecht. Dat war déi vun de Gemengevertrieeder. Ech hat dat virdru gesot an, effektiv, Här Wolter, Dir hutt total Recht: Et gött keng zwou TVAen hei zu Lëtzebuerg. Et gött nëmmen eng TVA zu Lëtzebuerg – an dat ass eng Staatssteuer! An de Staat gött dann, well en dat gären esou wëll, en Deel dovunner of un d'Gemengen. Wann de Staat dat eng Kéier net méi wëllt, da géif en dat net méi maachen. Et ass eng Staatssteuer. De Staat decidéiert aleng doriwwer!

An ech hat Iech gesot, et ass eng Kéier e Beispill ginn, wou eng TVA-Erhéijung neutraliséiert ginn ass fir d'Gemengen. An et war d'Propos dofir, dat och dës Kéier ze maachen a mir hunn do e Kompromiss fonnt a mir hunn déi Suen integral geholl, fir se an de Finanzement vum CGDIS ze leeën. Deemools, an dat war bekannt, wéi mer d'Gesetz gestëmmt hunn, war dee Kompromiss fir jiddwereen ok. Well jiddwereen huet hei seng Zoustëmmung ginn – inklusiv Dir, Här Wolter, hutt deem Gesetz zougestëmmt, wou genau deen dote Prinzipp drasteet! An da kommt Der elo d'hinne a wëllt en nodréiglech a Fro stellen – an dat war meng Kritik – an domadder och de Fonctionnement vum CGDIS, ob ee wëll oder net, riskéieren, a Fro ze stellen! An dat ass, mengen ech, net ubruecht an dat sollt een och net maachen!

Wou ee kann driwwer diskutéieren, ob mer da fir ... an dorëms geet et och hei bei deem, wat elo hei an deem Budgetsgesetz steet. Et geet jo eleng dodrënner, ob de CGDIS an Zukunft e Gesetz brauch, dat em seet: „Du däerfs iwwer e gewëssene Seuil net méi investéieren!“ Ech mengen, dass mer esou eng Brems net brauchen, well ech Vertrauen hunn an déi Gestiou, déi am Moment do gemaach gött, wou – an ech soen et nach eng Kéier! –, Staat a Gemenge gläichberechtigt drun deelhuelen. Dir sidd der Meinung, dass et besser wär, esou eng Brems ze hunn, ech sinn der Meinung an d'Regierung ass der Meinung an ech mengen, och d'Majoritéit hei ass der Meinung, dass mer esou eng net brauchen, eebe well mer duerch d'Zusammensetzung, déi paritéitesch Zuesammensetzung, vum Conseil d'administration vum CGDIS och de Gemengestandpunkt an deem CA vertrueden hunn. Et geet em net méi an net manner!

Probéiert net, elo eng Diskussioun ze féieren iwwer d'Pensioun vum de Gemengebeamten, wou jiddweree weess, dass déi Diskussioun eng Kéier op eis duerkënnt, dass natierlech och d'Gemenge verpflichtet sinn, fir de Finanzement vun de Pensioun vum hire fréiere Beamten ze suergen! Och dat, mengen ech, wäert dach keen hei seriö a Fro stellen!

An dass et och eng Kéier géif derzou kommen, dass et mat deem, wat d'Gemenge bis elo do bäigeluecht hunn, net géif duergoen, dat war eng Selbstverständlechkeet, déi kloer ze erwaarde war!

Mir brauchen och net hei iwwer de PDAT ze schwätzen, wa mer am Moment schwätzen, fir de Finanzement vum CGDIS an Zukunft ze bréngen. Also, et kann ee wierklech dat als Hürd féieren, mee ech mengen, dass dat eis net weiderbréngt.

Dat Eenzezt, wat hei an dësem Gesetz steet a wouriwwer mer haut sollen ofstëmmen, dat ass d'Fro: Brauch de CGDIS eng gesetzlech Brems oder brauch e se net? Mir sinn der Meinung, dass e keng gesetzlech Brems brauch. An déi, déi der Meinung sinn, dass en eng brauch, déi sollen dat da soen a sollen dat stëmmen. Ech op jidde Fall wäert dat net stëmmen, well ech Vertrauen hunn an déi Leit, déi den CGDIS verwalten!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kersch. Da freet den Här Michel Wolter nach eemol d'Wuert.

**M. Michel Wolter (CSV)** | Jo, just fir, Här President, ze soen, dass den Här Kersch mer nach eng Kéier bestätegt huet elo just, dass déi 48 Milliounen Gemengesue sinn an dass een dann net vu fifty-fifty kann hei raisonablement schwätzen. Well et kann een net de Géigendeel vun deem behaupten, wat en fin de compte d'Base légale ass, iwwert déi mer hei schwätzen. Et kann een net!

Natierlech kann een ëmmer erëm dat, wat eigentlech an de Gesetzter steet, aneschtters gesinn. Mee d'Realitéit ass, dass mer wäit ewech si vun deem, wat gesot ginn ass, deemools! An d'Realitéit, déi mer haut gesinn, ass, dass dat, wat eis deemools versprach ginn ass, sech absolut net bewarheit huet!

An der Madamm Polfer wëll ech soen, dass se sech selwer widderpricht. Si widderpricht sech selwer permanent an dëser Diskussioun! Well wann Der dat gären hätt, wat Der monéiert, da musst Der den Amendement vun der CSV stëmmen! Stëmmt Der en net, an dat war mäi Punkt, dass ech gesot hunn: „Et huet net direkt eng Influenz op déi éischt dräi Méint vum nächste Joer“ ..., mee wann Der e stëmmt, dann ass et e „Point of no return“, dann ass et eppes, wat net méi zur Diskussioun steet. Dann ass et eppes, wat net méi réckgängig gemaach gött. Well Dir wäert mer dach net hei erzielen, dass Der elo an dësem Moment eppes géift stëmmen an an dräi Méint géift Der et aneschtters stëmmen, nodeem den Här Kersch elo just gesot huet, fir hie wär et ganz kloer, dass dat dote elo misst esou kommen an dass et och soll esou bleiwen!

Ech hunn an Ären Ausféierungen, Madamm Polfer, iwwerhaupt net dat selwecht héieren, wéi dat, wat den Här Kersch elo grad just gesot huet! Dir hutt do eng diametral opposéiert Vue expriméiert. An dofir géif ech nach eng Kéier wierklech Iech bieden, dësen Amendement hei ze stëmmen a sech da beieneen ze setzen an iwwert den zukünftege Finanzement ze diskutéieren!

**Une voix** | Très bien!

**M. Michel Wolter (CSV)** | Macht Der dat net, da si mir an enger Situatioun, wou de Fait accompli geschafen ass a mir si virun allem an enger Situatioun, dass en zentraalt Engagement, wat deemools 2018 – ech widderhuelen et nach eng Kéier, och fir den Här Kersch: en zentraalt Engagement, deemools 2018, wéi dës Reform gestëmmt ginn ass, nämlech dee vun der Deckelung vun der Contributioun vun de Gemengen op e gewëssene Moment, dass déi ewechfällt!

A gleeft mer et, dës ganz Fraktioun, déi de Projet matgestëmmt huet 2018, hätt ënnert deenen dote Konditiounen, wann dat deemools gesot gi wier, dass Dir elo am Joer 2022 géift heihinner kommen an enger Budgetdiskussioun, fir de fundamentaalen Eckpunkt vun dëser Reform um Finanzement – nach eng Kéier gesot: um Finanzement! –, ze änneren, wann Der eis dat 2018 gesot hätt, kënnt Der ganz sécher sinn, dass mir de Projet de loi deemools net gestëmmt hätten!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Dat ass interessant ze héieren. Merci fir déi doten Ausso!

**M. Michel Wolter (CSV)** | Jo, jo, hätte mer och net!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Dat ass wierklech interessant. Et ass gutt, dass Der dat do elo esou gesot hutt!

**M. Léon Gloden (CSV)** | Dat war ëmmer d'Diskussioun, Här Kersch, de Finanzement. Vergiesst dat net!

**Une voix** | Also ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Dat ass interessant ze héieren, dass Dir dat net gestëmmt hätt!

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Gloden freet nach eng Kéier d'Wuert.

**M. Léon Gloden (CSV)** | Also, den Här Kersch geheet eis jo elo hei eppes vir. Ech wëll just ..., dont acte vum Här Kersch senger Ausso: 2017/2018 huet hien elo grad gesot, war et fir hie ganz kloer, dass d'Gemenge misste méi bezeue wéi dat, wat 2018 hei am Kader vun den Diskussiounen versprach gouf. Dir hutt elo grad gesot: „Fir mech war dat ganz kloer, dass ee vill méi misst bezuelen.“ Dont acte!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Wou hunn ech dat gesot? Wou hunn ech dat gesot?

**M. Léon Gloden (CSV)** | Elo grad, elo grad. O dach, Här Kersch.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Nee!

**Une voix** | Dir héiert déi aner Säit aner Saachen!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Entweder ...

(Brouhaha)

**Mme Lydie Polfer (DP)** | Här President, ech wëll just nach eng Kéier soen, ...

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Et deet mer leed, mee et ass egal wat, wat Dir hei sot!

**Mme Lydie Polfer (DP)** | ... ech hu mech net verschwat an ech si ganz consequent!

**M. Léon Gloden (CSV)** | Wat hutt Der da gesot?

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Ma da sot mer, wat ech gesot hunn! Dat do hunn ech op jidde Fall net gesot! Nee, ech hu gesot ...

**M. Fernand Etgen, Président** | Mir mussen elo Uerdnung kréien. Den Här Carlo Weber huet d'Wuert gefrot.

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Ech maachen eng kleng Feststellung. Erlaabt mer, dass ech e Wuert dozou soen. Zënter gëschter Owend 18.00 Auer ass den Niveau hei dramatesch gefall. Hei geet et elo em d'Rettungsdéngschter. Do muss ech derbäisoen, wann ech e bëssen eng Analys maache vun de Budgete vun de Gemengen, da muss ech awer erkennen, dass do vill Luxusprojeten dra sinn, dass do vill Designerprojeten opgeriicht sinn, wou Leit sech wëllen en Denkmal setzen.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Jo, kuckt emol a Rou déi Berichter!

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Kuckt emol zu Hesper!

(Brouhaha)

**M. Carlo Weber (LSAP)** | D'Leit mengen et scho gutt op engem Niveau. Mir sinn elo e bëssen derniewent. Da soll eis och erlaabt sinn, de Budget fir d'Rettungsdéngschter ... eis Budgeten opzehalen an do ze investéieren. Ech hunn zwee Accidenter matgemaach – Respekt fir déi Leit, déi beim CGDIS schaffen! Ech kann Iech soen, mee dat ass ...

**M. Marc Lies (CSV)** | Et geet dach guer net dorëm!

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Da kënne mer och op deem Niveau investéieren a mir maachen eis elo hei grouss Gedanken em deen dote Budget!

**M. Fernand Etgen, Président** | Wannechgelift!

**M. Carlo Weber (LSAP)** | Voilà, dat wëll ech awer eng Kéier hei gesot hunn!

**M. Fernand Etgen, Président** | Den Här Weber huet d'Wuert.



**M. Carlo Weber** (LSAP) | Nach eng Kéier, wéi gesot, fir Luxusprojete maacht Der Iech net esou vill Gedanke wéi hei ëm d'Rettungsdéngschter. An dat bedauern ech!

Ech soe Merci.

(Brouhaha et interruptions)

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Weber.

**Mme Octavie Modert** (CSV) | Genau dorëmmer ass et ni gaangen!

**M. Fernand Etgen**, Président | Nach eemol den Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech si virdrun ugeschwat ginn. Här Gloden, ech soen Iech ganz einfach: Dat, wat Der elo gesot hutt, dat hunn ech net esou gesot. A wann ech dat esou gesot hunn, da beweist mer dat! Mir hu jo hei e Verbatim. Dat hunn ech op jidde Fall net gesot. An et wär vläicht net schlecht, wann Der enger Diskussioun, déi vun Iech selwer hei ugestiwelt ginn ass, dann och géift nolauschteren, da kéint Der och konstruktiv matschwätzen! Dir hutt virdrun esou gejaunt, wéi den Här Weber geschwat huet.

Wann ee sech d'Chifferen ukuckt an de Gemengebudgeten ... an ech hunn dat gemaach, well et si jo elo vill Diskussiounen an de Gemengen iwwert d'Gemengebudgeten. Ech mengen, et kann ee soen, dass mer an de Gemengebudgeten, an do sëtze jo vill Gemengepolitiker heibannen, déi kënnen dat bestätegen, ongeféier 1 % vun den Ausgabe vun de Gemengen hu fir de Finanzement vum CGDIS. Setzt dat emol eng Kéier an d'Relatioun – an et ass dat, wat den Här Weber wollt soen! Setzt dat emol eng Kéier an d'Relatioun mat deem, wat mer an anere Beräicher investéieren! An ech mengen, da gëtt déi Diskussioun, déi mer elo amgaang sinn ze féieren, manner schaarf gefouert wéi bis elo. Ech mengen, dass déi 1 % gutt investéiert sinn. A wann et der eng Kéier 2 % oder 3 % sinn, da si se nawell gutt investéiert, well et geet hei ëm d'Sécherheet an ëm d'Gesondheet vun eise Leit!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kersch. Da ginn ech der Madamm Polfer d'Wuert.

**Mme Lydie Polfer** (DP) | Ech wëll nëmmen nach eng Kéier soen, dass ech mech ëm Gottes wëllen net nëmmen net widdersprechen, mee ganz konsequent sinn. Ech fannen et effektiv schued, dass iwwert esou e wichtege Service, dee mer zesumme versicht hunn opzebauen, elo esou awer trotzdeem poleemesch diskutéiert gëtt.

An den Här Wolter sot selwer: Deen Amendement ännert guer näischt um CGDIS fir d'Joer 2023. An dann ze soen, wann een dat hei net géif matstëmmen, da wier eppes Irremediabel geschitt, wat net méi kéint guttgemaach ginn! Entschëllegt, d'Liewe geet weider an d'nächst Joer hu mer nei Budgetdiskussiounen a mir wäerten Diskussiounen iwwert eng ganz Rei Saachen hunn, déi effektiv mussen awer a Rou – a Rou a wa méiglech mat engem verstännegen Klima – nei gekuckt ginn! An dofir kann ech nëmme bei deem bleiwen, wat ech virdu gesot hunn: Dat Beschtt wier, deen Amendement géif hei zrëckgezu ginn an da géife mer eis zesummesetzen an den nächste sechs Méint!

A wéi gesot, d'Liewe geet weider: Enn des nächste Joers hu mer nach eng Kéier, wäert dës Chamber ..., wien dann dobäi ass, ech weess net, et ass net u mir, dat ze soen, mee dës Chamber wäert och nach an engem Joer kapabel sinn, Decisiounen ze huelen! A wa mer déi Zäit bis dohinner notzen, fir verstänneg Äntwerten op effektiv e wichtege Problem ze fannen,

da fannen ech, wier dat eng besser Léisung wéi déi heite Poleemik, déi mer elo hei héieren hunn!

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Polfer. Ech gesi keng weider Wuertmeldung méi.

Da musse mer elo iwwert dësen Amendement ofstëmmen, deen als Objet huet, den Artikel 34 ofzeännere.

#### Vote sur l'amendement 1

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

Dësen Amendement ass bei 29 Jo-Stëmmen géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

Da kënnen mer elo iwwert de Staatsbudget fir d'Joer 2023, de Projet de loi 8080, ofstëmmen. Den Text steet am Document parlementaire 8080<sup>15</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8080 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Budget ass bei 31 Jo-Stëmmen géint 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth*

*Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert d'Programmation financière pluriannuelle, de Projet de loi 8081. Den Text steet am Document parlementaire 8081<sup>12</sup>.

#### Vote sur l'ensemble du projet de loi 8081 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och den 8081 ass mat 31 Jo-Stëmmen bei 29 Nee-Stëmmen ugeholl.

*Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

Freet d'Chamber och hei d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et och do esou decidéiert.

#### Motions

Da kéime mer elo zur Ofstëmmung vun de Motiounen.

#### Motion 1

Fir d'éischt d'Motioun Nummer 1, déi vum Här Roth deposéiert ginn ass, wou et dann ëm eng Adaptation vum Steuerbarème geet an Etappen, fir eeben déi verschidden Indexranchen ze kompenséieren. Den Här Roth huet d'Wuert.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Dir hutt dat richteg gesot. Mir fuerdere mat dëser Motioun en Upasse vun der Steiertabell un d'Inflation.

Da frot Der: Firwat? Mir sinn och bereet, fir dat an zwou Etappen ze maachen. Zënter 2017 bis dëst Joer si ganzer fénnef Indextranchen erfall. An d'nächst Joer kommen der viraussichtlech nach eng Kéier dräi no. Dat heescht, mir sinn an enger Situatioun, wou d'Leit aacht Indextranchë kruten, dat heescht e Präisausgläich vun 20 %. An dee Präisausgläich vun 20 %, dee riskéiert mat de Steieren a mat der Sécurité sociale op d'Hallschent a bei Einzelner souguer op manner reduzéiert ze ginn.

Wann een d'Steiertabell net un d'Inflatioun upasst, da mécht een de facto eng Steiererhéijung duerch d'Hannerdier! An ech kommen eigentlech de Moien dodrobber nach eng Kéier zréck, wou den Här Fayot hei gemengt huet, dat wier „Kuerzsiichtegkeet“ vun der CSV, dass ee gesot huet: „Wéi kann een déi Explosioun, déi Explosioun vun iwwer 15 % vun de lafende Käschte vum Staat op ee Joer, wéi kann een déi bremsen?“

An do huet e gesot, mee d'CSV wier kuerzsiichteg, well si géif net un de Space Mining wëlle goen, si géif erënneren un de Militärsatellit. Mee ech wëll Iech just soen: Dat, wat mir an eiser Budgetsried mentionéiert hunn, dat steet néierens anescht wéi am Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics. Dat heescht am Kloertext, geheit den Här Fayot dann net nëmmen der CSV, mee de 34.000 éffentleche Bedéngschten an hirer Organisatioun Kuerzsiichtegkeet vir?

(Brouhaha)

Ech mengen, et ass relativ schwéier, de Leit dobaussen ze erklären, bei Präisdeierechten, déi an d'Luucht ginn, bei Sprittpräisser, déi an d'Luucht ginn, bei Zënse, déi an d'Luucht ginn, wou ganz vill Leit bis wäit an d'Mëttelschicht sech keen Haus méi kënne leeschten, well se de Prêt duerfir net kréien, deenen ze soen: „Dir musst weider Steieren a Steieren a Steiere bezuelen, de Staat kritt d'Enner net zesummen!“

An dann op där anerer Säit gëtt een awer „sans-gène“ – well et ass nämlech dat Wuert, wat an dem Avis vun der Chambre des Fonctionnaires steet: „sans-gène“ – Suen aus fir de Space Mining – keng Rechenschaft weider! – a virun allem de Militärsatellit. An ech wëll nach eng Kéier drun erënneren: De Militärsatellit, deen ass an de Sand gesat gi vun dem Här Fayot sengem Virgänger als Wirtschaftsminister, nämlech dem Här Étienne Schneider, wou en hei an der Chamber net d'Wourecht gesot huet, wat fir eng Käschten nach zousätzlech zu dem Gesetzesprojet géifen derzoukommen! Ech mengen, d'Diskussiounen waren do.

An da stellen d'Leit sech natierlech d'Fro: „Musse mir Steieren, Steieren, Steiere bezuelen an andersäits gëtt bei SuperDrecksKëscht a villen anere Projekte einfach esou mat der Hand, ...

**Une voix | O!**

**M. Gilles Roth (CSV)** | ... jo, gëtt mat der Hand ronderëmmergepucht? An ech mengen, dass den Dossier SuperDrecksKëscht, deen am Juli hei eng grouss Diskussioun hat, dass deen amgaangen ass, op anere Plaze säi Wee ze sichen. Mir fannen dat also net an der Rei, dass hei aacht Indextranchë riskéieren – Stand haut –, net inflatiounsberenggegt ze ginn um Niveau vun der Steiertabell. Dat mécht, fir et nëmmen ze soen, e Méi u Lounsteuer vun 860 Milliounen Euro, eleng vun 2022 op 2023, an e weidert Méi u Lounsteuer vun 900 Milliounen Euro am Joer 2024 aus – dat si Progressiounen op d'Joer vun der Lounsteuer vu 15 a méi Prozent!

Dat fanne mir net akzeptabel an dat fanne mir net an der Rei. Dat fanne mer och net sozial gerecht, well et si besonnesch déi Kleng- an déi Mëttelverdénger, déi mëttlerweil ënnert dëser héijer Steuerprogressioun am meeschte leiden. An duerfir géif ech Iech bidden, dëser Motioun Är Zoustëmmung ze ginn!

Ech soen Iech Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Roth. Da ginn ech d'Wuert un den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum (DP)** | Merci, Här President fir d'Wuert. Ech kann enchainéieren, do wou den Här Roth opgehalen huet mat deene Leit, mat deene kleng Portmonnien, bei de Leit mat deene mëttlere Portmonnien. An ech mengen, eis huet et gefreet, gëschter ze héieren, an d'Madamm Finanzminister huet et haut nach eng Kéier widderholl, dass mer bereet sinn, op dëser Säit op alle Fall, an ech géif mengen, och op där anerer Säit, fir am Laf vum nächste Joer, wa mer emol gesinn, wéi dat éischt Trimester sech entwéckelt huet, wa mer och d'Ausarbechtung gemaach hu vum PSC, vum PNR, wa mer och vun internationale Gremie wëssen, wat mer eis kënne erlaben, wat fir eng Enveloppe dass mer eis kënne erlaben, si mir mat Sécherheet-bereet, dat ëmzesetzen, wat d'Madamm Finanzministesch proposéiert huet, nämlech sozial cibléiert Upassunge fir grad déi kleng Leit, déi Leit mat de kleng Portmonnien, bis wäit eran an d'Mëttelschicht.

Dofir géif ech Iech elo proposéieren, dass mer dat dote sollen am A halen, d'Evolutioun vun eise Staatsfinanzen, och dat, wat mer gerode kréie vun den internationale Gremien, och vun der Europäescher Kommissioun natierlech an dofir zu dësem Moment deen heiten Amendement net ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Baum. Da ginn ech d'Wuert un den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, Här President, mir haten als ADR och scho Motiounen an deem do Sënn proposéiert. Mir haten e bëssen eng Diskussioun mat der CSV, well d'CSV jo och iergendwéi op de Wee gaangen ass, dat do net méi ze maachen. An elo si se awer Gott sei Dank och op deen dote Wee komm, deer mir voll begreifen.

Mir wäerten dat hei och matstëmmen a freeën eis iwwert dës Motioun. Et kann een der Regierung net soen, si géif keng Steuerreform maachen. Ech muss mech e bësse korrigéieren, well déi Steuerreform, déi se mécht, ass eeben einfach permanent Steiererhéijungen. Dat ass eigentlech dat, wat mer bei dëser Regierung gesinn duerch déi kal Progressioun.

D'Leit si sech däers net bewosst. Mee u sech verléiere se vu Joer zu Joer méi an hirer Nettokafkraaft, do-duerch datt de Staat ëmmer méi Steieren, e groussen Undeel u Steiere kritt. Dat ass einfach keng Situatioun, déi mir kënne weider esou toleréieren!

Den Här Baum seet elo: „Jo, mir kucke mat internationalen Organisatiounen an der Europäescher Unioun an esou weider.“ Mee dat ass en Argument, wat net zitt. An deem Budget hei, wann een déi richteg Prioritéit géif setzen, da géif een och d'Méiglechkeet fannen, elo schonn, national déi doten Decisioun ze huelen.

An d'CSV seet jo net: „Et mussen direkt déi aacht Indextranchen ugepasst sinn.“ Si seet eppes, wat mir och soen: „mat Etappen“. Et muss jo weinstens ugefaange ginn, an déi dote Richtung ze denken an de Leit e bësse vun deem zréckzeginn, wat se eigentlech duerch déi kal Progressioun vu Joer zu Joer verléieren.

Also vun eiser Säit aus ass kloer: Mir soen der CSV Merci fir déi Initiativ a mir droe se mat. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. An da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | Jo, merci, Här President. Fir d'éischt der CSV e grouse Merci fir dës

Motioun. Et ass kloer, dass d'Netindexéierung vum Steuerbarème, wéi den Här Roth et gesot huet, enger de facto Steiererhéijung gläichkënn.

A mir si ganz kloer – ech mengen, dat ass eng Propositioun, déi mir och schonn hei gedroen hunn – fir eng automatesch Upassung vum Steuerbarème un den Index. An deem Sënn droe mer dat natierlech mat. Mir mengen, dass dat heiten absolutt néideg ass. Et dierft eigentlech emol guer keng Fro sinn, dass mer dat iwwerhaapt hei debattéieren. Dat misst esou en Acquis sinn. An ech mengen, ech hunn et gëschter och hei gesot, dass an deene leschte Joren a Joerzénkten den Equiliber oder d'Balance tëscht dem Steuerakkomme, tëscht Aarbecht an Entreprisë jo ëmmer méi zugonschte vun den Entreprisë gaangen ass, ...

**Une voix | Très bien!**

**Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk)** | ... dass d'Aarbechter an d'Aarbechterinnen ëmmer méi vun der Steuerlaascht droe mussen. An dat heiten ass jo eppes, wat erëm nach méi dat verstärkt. Dofir droe mir dat heiten 100%eg mat, fir dass deem eeben e bëselchen entgéintgewierkt gëtt. Merci.

**Une voix | Très bien!**

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott vun dëser ...

(Interruption par M. Sven Clement)

Nee, den Här Sven Clement nach.

**M. Sven Clement (Piraten)** | Merci, Här President. Ech hat mech jo virun och gemellt.

Also, d'Motioun ass mer ganz sympathesch a mir wäerte se och matdroen. Mir hunn an der Vergaangenheet hei schonn e puermol änlech Motiounen diskutéiert. Et fänkt domadder un, ech hunn et gëschter a menger Ried gesot, de Staatsbudget ass an där Periode, déi d'CSV hei erwäant, vun 2017 op haut, ëm iwwer 50 % geklommen. Dat och opgrond vun der kaler Progressioun duerch méi Recetten an der Lounsteuer. Dat ass Fakt. Dat kann een an all de Budgeten no-liesen.

Da gräift eng Steuerreform, déi d'nächst Joer am zweeten Trimester annoncéiert gëtt, jo och net direkt. Mir hätten eis also gewënscht, datt aner Mesurë geholl gi wieren, déi, wa se elo gestëmmt ginn, och direkt op d'ganz Steuerjoer kéinte gräifen, soss si mer herno erëm an der Retroaktivitéit, wat natierlech schéin ass, mee de Leit dann net elo hëlleft. Mir brauchen elo weider Entlaaschtungen.

An da kommen ech awer net derlaanscht feststellen, wat mer gëschter alleguete méi oder manner gesot hunn: Dat heiten ass dee leschte Budget vun dëser Legislaturperiode. Wann also elo keng Steuerreform annoncéiert ass an d'Regierung awer decidéiert, d'nächst Joer am Laf vum Budgetsjoer eng Steuerreform ze annonciéieren, da schränkt se domadder u sech den Handlungsspillraum vun där nächster Regierung schonn an.

Dat heescht, si mécht e Walkaddo op Käschte vun der Regierung, déi no hir kënnt, ouni éierlech elo ze soen, wou se da géif déi Suen hierhuelen. An dat fannen ech e bëssen, zumindest intellektuell, onéierlech. Ech hätt mir dofir gewënscht, mir kéinten dat heiten haut stëmmen.

(Interruption)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement.

Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 1.



**Vote sur la motion 1**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 1 ass bei 29 Jo-Stëmme géint 31 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Max Hengel), Paul Galles (par Mme Octavie Modert), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Josée Lorsché) et Mme Jessie Thill.*

**Motion 2**

Da komme mer zur Motioun Nummer 2. Dat ass eng Motioun vun der ADR, wou et drëm geet, déi Präishaussen, déi duerch déi geplangten Ausweidung vun de Sanktiounen géint déi russesch Federatioun entstinn, a sämtleche Beräicher ze kompenséieren. Wie wëllt nach zu dëser Motioun d'Wuert ergräifen? D'Madamm Martine Hansen.

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Jo, villmools merci, Här President. Ech wëll heizou dräi Saache soen. Éischtens ass d'Ursach vun der Präisdeierecht de Krich ...

**Une voix** | Richteg!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | ... an net d'Sanktiounen.

**Une voix** | Très bien!

**Mme Martine Hansen** (CSV) | Dat ass déi éischt Haaptbemierkung.

Fir de Rescht wëlle mer natierlech punktuell Bähëllef ginn. Mir haten déi och an der Landwirtschaft gefrot a mir sinn och nach ëmmer net domadder zefridden, datt déi net komm sinn. Dofir wäre mer scho mat punktueller Bähëllef an deem Fall averstanen. Mee an engem vollen Émfang ze kompenséieren – ech weess net, wéi dat soll an deenen eenzelne Beräicher goen.

Mee, wéi gesot: Den Hauptkritikpunkt ass hei déi Formulatioun, datt d'Präisdeierecht duerch d'Sanktiounen kënn. Si kënn duerch de Krich. An dofir kënnen mer dat hei net ënnerstëtzen. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Hansen. Da ginn ech d'Wuert un den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Ech kéint et elo ganz laang maachen. Ech maachen et awer ganz kuerz. An der

Tripartite-Kommissioun, wou jo eng ganz Rei vun de Kollegeinnen a Kollegen heibanne Member sinn, sinn eng ganz Rei Gesetzter gestëmmt ginn an der Tripartite 1. Et sinn eng ganz Rei Gesetzter an der Tripartite 2 gestëmmt ginn, fir de Leit ze hëllefen.

Wann elo hei gefrot gëtt „a vollem Émfang“, souwuel am Transport wéi an der Landwirtschaft an an der Industrie, dann ass dat einfach, mengen ech, net ze realiséieren, och duerch d'Volatilitéit vun den Energiepräisser. Mir wäerten den nächsten Donneschden nach eng ganz Panoplie vu Gesetzter aus der Tripartite-Kommissioun hunn, wou mer nach eng Kéier nuschéissen.

An, ech mengen, ech hunn och net héieren hei vun der Regierung, dass mer d'nächst Joer net bereet wäeren, wann d'Situatioun et erlaabt, fir nach weider Mesuren ze huelen. Mee zu dësem Moment, an ech kann d'Argumentatioun vun der Madamm Hansen nëmmen deelen, ass déi heite Motioun fir eis net mat drobar.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Ech ginn der Madamm Martine Hansen vollkomme Recht, datt déi Präishaussen hei duerch de Krich entstinn, an net duerch d'Sanktiounen. D'Sanktiounen sinn eng Äntwert op de Krich, sinn eng Äntwert drop, fir dee Krich esou séier wéi méiglech op en Enn kënnen ze bréngen. Mee wann ee Schold ass un deene Präishaussen, dann ass et deen, deen dëse Krich ugefaangen huet a refuséiert, dëse Krich opzehalen. Well deen eenzeg, deen haut de Krich kann ophalen, ass Russland, wa se erëm zrëck an hiert Land ginn a sech aus der Ukrain zrëckzéien.

U sech misst een hei net d'Regierung opfuere, d'Präishaussen ze kompenséieren, mee et misst ee Russland opfuere, d'Präishaussen ze kompenséieren. An do, mengen ech, wäerte mer an deenen nächste Wochen a Méint nach ferm driwwer diskutéieren, wat mer da mat all deem blockéierte Geld vu russeschen Oligarchen an der EU wäerte maachen. Well ech mengen, datt dat och kann engem méi sënnavollen Zweck zougefouert ginn, wéi et just op Konte leien ze loosse. An dat wär, mengen ech, méi sënnavoll, wéi hei eng Motioun ze maachen, déi insinnéiert, d'Regierung wär iergendwéi schold drunner, datt hei eppes méi deier gëtt.

Wann ee schold drun ass, da sinn et d'Russen a, par Extensioun, de russesche President am Kreml, deen hei komplett den Norde verluer huet.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. An da geet d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, also ech hu keng Loscht, mech elo op d'Polemik an esou weider anzeloossen. Ech wëll just soen: De Krich, deen hu mer och elo! Deen hu mer leider säit dem Februar. Mir hätten eis als ADR vun Ufank u fir Friddensverhandlungen agesat. Dat ass eeben net gemaach ginn. Et ass Sanktiounspolitik geholl ginn. Gutt! Dat ass nun eemol esou. Mee mir sinn awer do absolutt der Meinung: Mir hätten dee Krich vun Ufank u solle probéieren ze verhënneren duerch Verhandlungen. Mee dat ass elo eng aner Problematik.

Mir hunn dee Krich elo leider. A wat mer elo bäikréie par rapport zu der Situatioun haut, dat sinn nei Sanktiounen, déi zousätzlech derbäikommen. An de 5. Februar kënnen eeben déi Sanktioun derbäi, déi den Dieselimport an d'Europäesch Unioun evitéiert. Gutt!

Mee dat huet no allen ekonomesche Previsiounen, déi publizéiert ginn, en enormen Effekt op de Präis

vum Diesel. Et weess een natierlech net, wat wierklech antrëtt, wat net antrëtt, mee eis Industrien hu schonn enorm Problemer, d'Privatleit hu Problemer. An der Agrikultur ass den Diesel e grouss Käschtefaktor. An alles, wat mir wëllen, dat ass eigentlech ze soen: Gutt, wann déi Sanktiounen elo ageféiert gi géintiwwer Russland, dat ass een Theema, mee dat ass net deen, deen eis hei interesséiert. Hei ass et, fir déi Käschterepercussione vun där d'Politik dann, déi als ganz important virausgesi ginn, fir dat dann ofzefiedere.

An dofir soe mer: Wa mer dat maachen, déi Sanktiounen – dat ass jo eng Decisioun, déi um Niveau vun der Europäescher Unioun geholl ginn ass –, da solle mer awer kucken, datt dat fir d'Leit hei am Land, virun allem och fir déi privat Stéit an d'Bauern a jiddereen, deen domadder direkt konfrontéiert gëtt, ofgediert gëtt. Dat ass de Sënn heivunner.

Et ass keng Diskussioun iwwert d'Philosophie vum Krich an esou weider, wéi hei Eenzelner dat wollten awer elo doraus maachen. Nee, et geet just drëm, datt mer d'Konsequenze vun deene Sanktiounen op eis Leit hei am Land offiedere. An dat ass dat, wat mer proposéieren.

Villmools merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Da geet d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Den Här Kartheiser huet dann – déi Diskussioun hate mer jo elo bestëmmt schonn zéngmol hei an der Chamber – schonn erëm eng Kéier hei gesot gehat, si wäeren déi Partei, déi am Fong fir Friddensverhandlungen wier. Wéi wann all déi aner net hei fir de Fridde wäeren! Et ass jo ...

Selbstverständlech wëllt jiddweree Friddensverhandlungen. Mee mir kréie keng Friddensverhandlungen, well mir sinn an enger Situatioun, wou mer ee Land hunn – Russland –, wat en anert Land – d'Ukrain – iwwerfällt mat engem brutale Krich géint d'Populatioun, géint d'Zivillpopulatioun. An déi wëlle keng Friddensverhandlungen, well si wëlle kee Fridde. Si wëllen de Krich! Si wëllen emol net iwwert d'Chrëschtdeeg eng Waffepaus. Also brauche mer guer net hei iwwer méiglech Friddensverhandlungen ze diskutéieren.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten.

Da kéime mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 2.

**Vote sur la motion 2**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 2 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmmen ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles (par M. Laurent Mosar), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;*

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. Marc Hansen), Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par M. François Benoy) et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### Motion 3

Da komme mer zur Motioun Nummer 3 vun der ADR, fir e Gesetzesprojet op den Instanzewee ze bréngen, deen d'Gesamtverschëldung vum Lëtzebuerger Zentralstaat op maximal 30 % vum PIB limitéiert. Wie wëllt d'Wuert dozou? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. Ech soen och der ADR Merci fir dës Motioun. Déi Scholdegrenz vun den 30 % PIB mag vläicht technesch klénge, si huet awer eng grouss Implikatioun an, ech mengen, se ass och bei de Leit dobaussen net onsensibel.

Mir hu gëschter eis Positioun dozou gesot. Mir si keng Prozentfetschisten, mee fir eis ass et awer kloer d'Zil, den Triple-A ze halen. An d'Zil bestëmmt bei eis de Prozentsaz. Wann dee bei 30 % läit – dat hunn ech gëschter och gesot –, souguer wann e bei 29 % géif, le cas échéant, leien, jo, da muss mer dat Zil errechen. Dozou engagéiere mir eis als CSV. Mir géifen et awer duerfir net gutt fannen, fir elo an engem Gesetz just e Prozentsaz festzesetzen, well déi Flexibilitéit ka sech jee no Situatioun no ënnen oder vläicht liicht no uewe beweegen.

Mee nach eng Kéier ganz kloer: D'CSV steet zum Triple-A. A wann dat 30 % beinhalt, jo, da muss mer déi errechen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Roth. An d'Wuert geet vu Gilles zu Gilles un den Här Gilles Baum.

**M. Gilles Baum** (DP) | Merci villmools. Wéi gesot, déi 30 %, dat ass en Zil, wat mer eis ginn hunn a wat festgeschriwwen ass am Koalitiounsaccord. Mir hunn d'Projektiounen gëschter héieren, dass mer bis 2026 kéinte bis op 29,6 % eropgoen. Ech suivéieren awer d'Argumentatioun vum Här Roth, dee seet: „Dat Wichtigst fir eist Land“, an ech mengen do wäert keen heibannen dergéint sinn, „dat ass den Triple-A“, fir dass mer an Zukunft och nach kënnen esou gutt fonctionéieren an attraktiv bleiwen als Land, wéi mer et am Moment sinn.

An dofir gesinn ech och wierklech net de Sënn an, fir déi Zuel vun 30 % hei an e Gesetz ze géissen. Ech proposéieren dofir menger Fraktioun, déi Motioun hei net ze stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Baum. Da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, ech mengen, ech hat et och gëschter gesot: Mir sinn och keng „Prozentfetschisten“, wéi den Här Roth et och grad gesot huet. Mir mengen, dass déi 30 %-Grenz eng arbiträr Grenz ass, déi iergendwann eng Kéier festgeluecht gouf. Mir gesinn dat méi flexibel. Mir mengen, dass wann een Investitioun soll maachen, da muss ee se maachen. A mir mengen, et muss ee se an deem heite Fall maachen.

Mir mengen och, dass déi Jonk an déi zukünftige Generatiounen eis méi dankbar wäerte sinn, wa mir haut investéieren an d'Zukunft, haut investéieren an nohaltege

Energien, an d'Energietransitiounen, an d'ekologesch Transitiounen, virun allem an abordable Wunnraum. Mir mussen vill méi investéieren. A mir mengen, dass dat dat ass, wat zielt, d'Investitiounen, an net onbedéngt eng Grenz vun 30 %, déi iergendwann eng Kéier festgeluecht gouf.

Ech mengen, dass déi jonk Generatiounen eis vill méi dankbar wäerte sinn, wa mer herno Scholden hunn, déi awer néideg waren, déi sënnvoll waren, well mer d'Zukunft preparéiert hunn op eng nohaltege gerecht an inklusiv Entwécklung.

Merci. Dofir droe mir dat heiten net mat.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. Da geet d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Ech ka wierklech alles deelen, wat bis elo hei vu menge Virriedner dozou gesot gouf, besonnesch dat, wat den Här Roth gesot huet. Dat ass och eis Positioun.

Ech wëll just nach eng Kéier drun erënneren: Ech mengen ze wëssen, dass eis däitsch Nopere sech esou e Gesetz ginn hunn, wou si sech selwer eng gesetzlech Limitt gesat hunn. Ben, déi huet soulaang gehalen, bis den éischte Covidfall komm ass, well dunn hu se dat Gesetz schonn erëm misse vergiessen a si sinn iwwer hir selwer fixéiert gesetzlech Scholdegrenz erausgaangen. Dofir, mengen ech, mécht dat heite absolutt kee Sënn. A mir wäerten och dergéint stëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da geet d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Wat esou eng selwer gesate Scholdegrenz an absoluten Termen oder a relativen Termen zum PIB bréngt, kënnen mer um Beispill vum Saarland gesinn, déi eng Scholdebremms haten an déi sech domadder immens ageschränkt hunn, wat derzou gefouert huet, datt d'Saarland au contraire dovunner, fir erëm vir matzespillen, quasi ëmmer méi ofgehaange gouf par rapport zu den anere Bundeslänner an Däitschland.

Dat heescht, mir sollten op alle Fall net op esou eng Pist goen, virun allem well mer hei erëm nëmmen – an et muss een et bal scho „Fetischismus“ nennen – vun der relativer Verscholdung zum PIB kucken. Ech hunn et gëschter gesot: Wa mer an eng Rezessioun eraginn an de PIB géif schrumpfen, da sinn och déi Projektiounen, datt mer ënner 30 % bleiwen, näischt méi wäert, well da komme mer iwwer 30 %. Dat ass einfach d'Mathematik.

Dat heescht, et gëtt aner Indicateuren, déi ee kéint kucken. Do kéint een d'Pro-Kapp-Verscholdung kucken: inflatiounsberengegt 48 % geklommen ënnert deene leschten zwou Regierungen. Eis Staatschold huet sech nominell verduebelt. Doriwwer kann een diskutéieren, mee elo hei eng Zuel – 30 % vum PIB – festzeschreiwen, wou mer net emol wëssen, wéi ee PIB mer d'nächst Joer oder vläicht och an zéng Joer hunn, dat ass, mengen ech, dee falsche Wee.

An da wëll ech awer och de Kolleeginne vun déi Lénk Recht ginn: En Invest, deen duerch säin eegene Rendement seng Scholden, déi dofir opgehooll ginn, bezilt – an dat hu mer zum Beispill bei all Invest an erneierbar Energien –, sollte mer dann och net zu eiser Pro-Kapp-Verscholdung oder zu eiser Staatschold an deem nämmlechte Mooss urrechne wéi eng Schold, déi mer maachen, fir iergenddeppes Uniques ze bezuelen. An ech mengen, och do muss een eng Kéier eng Diskussioun driwwer hunn, wéi een Investitioun par rapport zu deeglechen Ausgaben trennt.

Mir wäerten dat heiten net matstëmmen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Da geet d'Wuert un d'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Ech wëll u meng Ried erënnere vu gëschter, wéi ech ganz vill derfir plädéiert hunn, dass mer mussen investéieren. Well alles, wat mer haut investéieren, gëtt eis laangfristeg net esou deier, wéi wa mer elo just op de PIB kucke respektiv op d'Staatschold, a vergiessen, wéi eng Erausforderung mer mussen ugoen. An dat geet net ouni ze investéieren.

An deem Sënn ënnerstëtzen ech dat, wat notament d'Nathalie Oberweis gesot huet, awer och den Yves Cruchten an de Sven Clement. Et geet net dréms, de Budget esou anzeengen, de Rimm ronderëm zouzezielen a sech all Loft ze huelen, déi dann och herno d'Ekonomie erstéckt.

Mir sinn d'Partei an d'Fraktioun, déi zum Investissement steet. An deem Sënn solle mer eis hei keng Grenzen operleeën, wat net heescht, dass mer sollen eng exponentiell Schold maachen. Mee 30 % ass definitiv net dat, wat mir als absolutt Limitt ugesinn.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Lorsché. An da geet d'Wuert un den Auteur, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President, dat ass eng héich interessant Debatt. E puer Saache muss een awer ënnersträichen.

An dat ass, éischstens emol: Hei hu mir jo geschriwwen, mir hätte gär maximum 30 %. Dat heescht, eng Flexibilitéit no ënnen, wéi den Här Roth se erimmt huet, déi ass souwisou hei dran. Mee de Maximum ...

An dann ass awer eppes ganz, ganz Interessantes, wat hei gesot gëtt: Et ass eigentlech ausser der ADR keng Partei, déi gesot huet: „Mir mussen eis un déi 30 % halen.“ Och d'CSV huet d'Dier opgemaach, fir déi ze iwwerschreiden. Déi aner ... d'Regierungskoalitioun souwisou, ...

(Interruption)

... mee och anerer.

An et ass awer eng ganz, ganz wichteg Diskussioun. Mir hunn esou vill Länner an Europa, déi och de Wee vun der Verschëldung gewielt hunn – déi einfach Politik. Mee mir hunn hei eppes Sënnvolles, do eppes, Kompromësser an der Koalitioun. An da ginn eeben einfach Sue geléint, amplat dee schwéiere Wee, dee verantwortungsvolle Wee ze goe géint iwwer de Leit. An dat ass deen, fir Prioritéiten ze setzen a mussen ze soen: Dat do kënnen mer maachen. Dat kënnen mer elo maachen. Dat do maache mer méi spéit oder mir maachen et iwwerhaupt net.

Dat ass eng Fro vun der Verantwortung vun der Budgetdisziplin. An et ass jo och esou, datt déi jonk Leit dat och brauchen. Well mir hunn hei héieren, gëschter, datt mer schon an e puer Joer Zënse bezuele pro Joer vun iwwer 400 Milliounen Euro. Dann hu mer nach kee Kapital zrëckbezuelt op d'Schold. An déi Zënse, déi mer bezuelen, déi daache guer näischt! Dat ass weeder en Investissement ..., dat ass einfach verluerent Geld an Héicht vun Honnerte vu Milliounen Euro pro Joer.

Dat ass dee Wee. An dee verschlëmmt sech jo nach, wann elo hei d'Partei soen: „Mir sinn eventuell flexibel.“ Iergendwéi kommen ech mer e bësse vir, wéi an anere südeuropäesche Länner, déi ech och gutt kennen, wou dann och d'Diskussioun war: „Jo, e bësse méi. Mäi Gott, ob mer elo bei esou vill, bei 179 % oder 180 % leien ...“ Mee et ass eng Pente descendante. A wann een net wëllt op eng Pente



descendante goen, jo, da setzt ee sech eng kloer Grenz. Et weist een Disziplinn. Et weist ee Verantwortung.

An ech kann nëmme feststellen, nodeem ech Iech, all deenen honorabele Kollegeen heibannen, nogelauschtert hunn, datt d'ADR déi eenzeg Partei ass, déi déi Disziplinn bereet ass ze weisen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser.

Da kënnen mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 3 kommen.

#### Vote sur la motion 3

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 3 ass bei 4 Jo-Stëmme an 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### Motion 4

Da komme mer elo zur Motioun Nummer 4, wou gefrot gëtt, d'Investitioun an den Äerdgas an an d'Atomenergie net ze benodelegen, och net um Niveau vun der Taxe d'abonnement. Wie wëllt dozou d'Wuert ergräifen? D'Madamm Josée Lorsché.

**Mme Josée Lorsché** (déi gréng) | Ech mengen, jiddwereen heibannen, deem dem Kolleg François Benoy de Mueren nogelauschtert huet, weess, wéi mer dozou stinn. Och wann esou eng Decisioun um EU-Sommet getraff ginn ass, da si mer a mer bleiwen och der Meenung, datt et net am Interesse vu Lëtzebuerg ass, un der Atomenergie festzehalen an dëser Form vu geféierlecher Energie och nach e Favoritismus ze ginn!

A mir sinn och der Meenung, dass et net am Interesse ass vu Lëtzebuerg, den Äerdgas virdeelhafte ze behandelen – an domat déi Energie, déi eis erpressbar mécht vun engem Autokrat! An dofir leene mer dës Motioun ganz kloer of!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Lorsché. Da geet d'Wuert un d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Merci, Här President. Jo, dat hei kënnt fir eis absolutt net a Fro. Ech mengen, dat wonnert och elo keen heibannen. An ech muss ..., ech hu wierklech Loscht ze soen, dass mer déi gréng wëllen ënnerstëtzen, well mer eis just kënnen iwwer dee Greenbashing wonnere, deen an der Lescht hei stattfënnt. Well et ass jo net, wéi wann eis Äerd net a Gefor wier, wéi wann d'Mënscheit net a Gefor wier! Also ganz éierlech, ech verstü guet net, wou esou eppes iwwerhaupt hierkënnt!

An ech mengen, dat heite stellt awer och dee Konsens a Fro, deen et gëtt, no enger Energietransitioun an no enger Ekologietransitioun. Dat stellt dat a Fro. Et ass immens geféierlech, iwwerhaupt esou eppes ze produzéieren! Dofir kënnt dat fir eis absolutt net a Fro. An ech fannen och, dass mat den nächste Generatioun gespillt gëtt mat esou Proposen!

**Une voix** | Très bien!

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | An et ass dat, wat ech och scho virdu gesot hunn, et brauch een eng Ekologietransitioun, eng Energietransitioun, an dat heite geet wierklech an déi aner Richtung. Dofir ass dat héchst onverantwortlech!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un den Här Laurent Mosar.

**M. Laurent Mosar** (CSV) | Jo, merci, Här President. Mir wäerten déi Motioun och net stëmmen. Do gëtt nämlech eng generell Netbenodelegung vu fossilen Energien, Äerdgas an Atomenergie gefrot. Domadder si mer net d'accord.

Dat Eenzege – an dat wëll ech elo net nach erëm eng Kéier widderhuelen, fir déi ganz Diskussioun net erëm opzemaachen –: Mir hunn e Problem um Niveau vun der Taxe d'abonnement par rapport zu der Taxonomie. Mee hei ass eng Motioun, déi vill, vill méi wäit geet an déi kënnen mer natierlech net stëmmen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Mosar. Da kënnen mer ... Den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, Här President. Och hei, mengen ech, sollte mer een Abléck duerchootmen an e bësse méi wäit kucken. Well et ass elo esou, datt mer eng Entwécklung op der Welt hunn an och hei am Land, éischters, wou mer och fir Alternativenenergien eng Backup-Energie brauchen. Den Här Turmes hat selwer gesot, dat ass hei den Äerdgas. Mir importéieren Nuklearenergie aus Frankräich an déi meeschte Länner oder op jidde Fall ëmmer méi Länner, net déi meeschten, well et sinn der vill, déi guet net an där Situatioun kënnen sinn, mee awer ëmmer méi Länner decidéiere sech, fir op de Wee vun der Atomenergie ze goen.

Dat heescht, d'Investissementer doranner, dat ass och den Aspekt vun der Finanzplaz, déi den Här Mosar an aner Virriedner och ënnerstrach hunn, do ass et esou, datt mer einfach déi Investissementer, déi do sinn, mussen och op enger moderner an oppener Finanzplaz begleeten.

A mir sollen eis kengen Illusiounen higin: Déi Transitioun, déi Energietransitioun, déi hei ëmmer beschwuer gëtt, also alternativ Energien, déi kënnen net fonctionéieren ouni Backup, ouni déi steuerbar Energie, dat heescht, ouni Fossil oder Atomenergie. Dat sinn déi zwou eenzeg, déi ëmmer disponibel sinn an ëmmer steuerbar sinn. Alternativ Energie kënnen dat net leeschten! Dat ass einfach de wëssenschaftleche Fakt. Dat ass d'Wourecht. Et ass vläicht politesch manner attraktiv, dat ze soen, awer et ass net

eis Aufgab hei, Illusiounen nozelafen, mee einfach ze soen, wat wouer ass!

Wouer ass: Ouni Fossil, ouni Nucleaire geet et net. D'Tendenz ass Richtung Nuklearenergie. Et gëtt enorm wëssenschaftlech Progrésen an där Technologie, mir hate gesichter driwwer geschwat, zemoos an der Fusiounstechnologie. Dat ass d'Zukunft, ganz einfach. An et ass esou, datt mir als ADR fir déi Zukunft oppe sinn, technologieoppen, an déi Technologieoppenheet am Interessi och vun där beschtméiglecher Ëmwelttechnologie wëlle mer och fir d'Finanzplaz begleeten.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert un den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. No deem doten Discours géif ech ganz gärden d'Wieder vum François Benoy vun de Moien zitieren. Mee well ech mer kee Bläme wëll afänken, maachen ech dat elo léiwer net. Mir kënnen dat doten op alle Fall net matdroen, well et ass ënner aller ... Dir wësst, wat weider.

(Brouhaha)

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Clement, fir dee gewielte Langage.

#### Vote sur la motion 4

Da kënnen mer elo zur Motioun Nummer 4 kommen, zur Ofstëmmung. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

An och dës Motioun ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusti Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusti Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain (par Mme Josée Lorsché), Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova) et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Sven Clement et Marc Goergen ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

#### Motion 5

Da kéime mer zur Motioun Nummer 5, wou et drëm geet, fir déi geplangten Erhéijung vun der Zäregasteier vu 25 op 30 Euro ersatzlos auszesetzen. Wie wëllt dozou d'Wuert ergräifen? Den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Merci, Här President. D'CSV wäert dës Motioun net matdroen, well eis Positioun kloer ass, dass mir gesot hunn, mir géifen zu der CO<sub>2</sub>-Steier stoen.

**Une voix** | Très bien!

**M. Gilles Roth** (CSV) | Mee eis Positioun war déi, wéi de Gewerkschaften hir, dass mer gesot hunn, si sollt awer am Indexwuerekuerf reflektéiert sinn.

Ech wëll awer och ganz kloer soen, dass et e Bestriewe vun der Ekonomie ass, vun der Wirtschaft, ze wëssen, wéi et iwwer 2023 eraus mat der CO<sub>2</sub>-Steier weidergeet. Dat ass eppes, wat d'Wirtschaft betrëfft, mee et betrëfft och d'Leit. Well et gött ëmmer gesot: déi CO<sub>2</sub>-Steier, déi kënnt dann op de Liter Masutt. Do si mer méttlerweil bei 10 Cent um Liter mat deem hei. Do, wou et awer am meeschten néierschléit, dat ass beim Gas, dat ass beim Masutt doheem. Mir hunn awer 59.000 Stéit nach, déi sinn op Masutt, jo, déi kënnen net vun haut op muer op eng Wärmepompe ëmklammen! D'Leit, déi um Gasresseau ugeschloss sinn zum Deel och, fir déi zielt dat selwecht.

Duerfir si mir der Meenung, dass, wann et sollt aus welche Grënn och ëmmer weidergoe mat den Erhéijungen no 2023, dass een de Leit, besonnesch de Leit aus den niddregen a méttleren Akommeskategorien, dass een deene sollt dat kompenséieren zum Deel mat engem Klimageld. An dat Klimageld, dat soll sech orientéieren un dem Energiegeld, wat d'Leit elo kuerzfristig krute bis zu engem bestëmmte Revenu am Kontext vun der Energiekris.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. An da geet d'Wuert bei d'Madamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déi Lénk) | Jo, merci, Här President. Nach eng Kéier: Mir ënnerstëtzen dës Motioun och net, éischens, well fir eis d'Kausalitéit tëscht de Sanktiounen an dem Präisustig net esou kloer ass; zweetens, well mer d'CO<sub>2</sub>-Steier ënnerstëtzen, och wa mer se kritesch gesinn – mir gesi se kritesch, well an eisen Aen d'sozial Kompensatioun net kloer ginn ass a si ass och net indexéiert; mir wënschen eis also eng CO<sub>2</sub>-Steier, déi méi kloer ..., déi indexéiert ass a sozial kompenséiert ass – an och virun allem, well der ADR hiren Agenda an der Klimafro fir eis immens réckwärtsgewannt ass, wéi se et elo mat all deene Motiounen hei immens gewisen hunn, a mir deen Agenda absolutt net wëlle matdroen!

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da geet d'Wuert un den Här François Benoy.

**M. François Benoy** (déi gréng) | Jo, villmools merci, Här President. Ech mengen, et wäert keen hei an der Chamber iwwerraschen, dass mir déi heite Motioun net kënne matdroen. D'CO<sub>2</sub>-Steier ass e wichtegt Instrument am Kader vun der Energietransitioun a Richtung vun enger klimaneutraler Gesellschaft, well se eeebe justement d'Investissementer a Richtung vu Klimaneutralitéit zousätzlech ënnerstëtzt a méi attraktiv mécht par rapport zu de klimaschiedlechen Investissementer. A si huet iwwerens an de leschte Joren, an dat gouf och bewisen, schonn zu enger Reduktioun ... Si huet hiren Effekt gewisen, notament och wat d'Reduktioun ugeet a puncto vun der Trajectoire, wat eis CO<sub>2</sub>-Emissiounen ugeet.

Gläichzäiteg ass fir eis awer immens wichteg, dass, wa mer esou Instrumenter wéi dat heiten aféieren, se och sozialgerecht sinn. An och dat gouf assuréiert, notament iwwert Crédit-d'impôts, awer och iwwer eng ganz Partie aner Mesuren, déi déi heite Majoritéit agefouert huet.

Gläichzäiteg ass et, mengen ech, och wichteg, dass een natierlech och an d'Zukunft kuckt, wéi een dat doten Instrument weiderentwéckelt. An och dozou hu mir eis Positioun als déi gréng ginn. Wichteg ass

et och hei natierlech, dass een der Ekonomie an alle guerten deene verschiddenen Acteuren déi néideg Previsibilitéit gött, fir dass se dann eeebe grad déi Investissementer, déi a Richtung Klimaneutralitéit ginn, och maachen an dass déi sech virun allem par rapport zu de fossillen Investissementer och lounen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Benoy. An da geet d'Wuert un den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Ech géif gäre soen hei: Alle Jahre wieder kréie mer déi selwecht Motioun. Ech huele souguer un, d'Kollege vun der ADR änneren ëmmer just den Datum, well dat doten hu mer elo bestëmmt schonn eng dräi, véier Kéiere kritt.

Mee selbstverständlech bleiwe mir bei eiser Meenung. Mir stinn hannert der CO<sub>2</sub>-Steier. An ech hat mer d'Wuert gefrot, fir eigentlech dat ze soen, wat och de François Benoy nach eng Kéier richtegerweis an Erënnerung bruecht huet, nämlech dass mer keen neit Instrument mussen erfannen. De Kolleg vun der CSV, den Här Roth, huet elo vun engem Energiegeld geschwat. Mee mir hunn en Instrument, dat ass de Crédit d'impôt énergie. A fir eis kënnt och selbstverständlech als Partei ... an dat ass jo och eng Fro, déi Der hutt: Wat geschitt no 2023? Fir eis als LSAP ass ganz kloer, dass dat no 2023 nach wäert weidergoen an dass mer d'CO<sub>2</sub>-Steier och progressiv wäerten erhéijen, allkéiers zesumme mat enger Kompenséierung fir déi sozial schwach Leit. An do ass de Crédit d'impôt fir eis dat allerbeschtent Mëttel!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Da geet d'Wuert zrëck un den Auteur. Här Kartheiser, wannechgelift.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, villmools merci. Och hei mengen ech, hu mer elo eppes héieren, wat d'Leit sollte wëssen. Dat ass, wat déi gréng och soen an och wat den Här Cruchten nach eng Kéier confirméiert huet, dat ass, datt déi Steier vu Joer zu Joer wiisst. Et gött ëmmer méi deier. Elo muss een awer wëssen, elo hätt ech nach, wa mer elo de Krich net hätten, dann hätt ech nach gesot ..., gutt, ech mengen, da wäre mer och dergéint gewiescht. Mee elo am Abléck si mer an enger Situatioun, wou et ville Leit extreem schlecht geet, trotz alle Kompensatiounen an esou weider. A mir hate virun iwwert den Diesel geschwat. Et gött warscheinlech net besser an deenen nächste Méint. Mir hu ganz vill Leit, déi wierklech all Frang mussen ëmdrënen.

Fir dann elo hinzugeen an dëser Situatioun an nach eng Kéier aus méi oder manner ideologesche Grënn eng Steiererhéijung ze maachen, well et ass jo näischt anescht, do muss een awer soen, dat ass net dee Wee, dee mir géife goen. Mir sinn do dergéint!

An et ass jo och net nëmme ... Ech sinn d'accord: De Crédit d'impôt fir Leit, déi wéineg verdéngen, dat ass eng ganz gutt Saach, mee net eleng si si betrëfft. Wiwill Leit hu mer, déi an deene méi ländleche Regione wunnen, déi méi laang mussen fueren? Wiwill Frontalieren hu mer och, déi e bësse besser verdéngen, déi och heivunner direkt concernéiert sinn an déi och Lëtzebuerg net méi interessant an attraktiv fannen, ënner anerem wéinst deene Präisser op der Pompel?

Also, et ass e Phenomeen, dat net nëmme elo hei eng gréng Ideologie soll erëmispigelen, nee et si ganz kloer sozial Interessen, Frontaliersinteressen ..., eis ekonomesch Interessen hanken dervun of!

A loosst mech dann och soen ... Ech gesinn, den Här Cruchten wëll nach eng Kéier op deem Punkt reagéieren. Dat gött och vläicht ganz interessant, deen Abléck. Mee fir eis ass eng ganz kloer Grondsazorientéierung: Mir wëlle keng Steiererhéijungen, och net

an dësem Beräich, well mir errechen eis Ziler net! Mir sollen einfach technologieoppen déi beschten Technologien ëmmer wielen, amplaz datt mer iwwer Steiere probéieren, d'Leit ze erzéien an an hir Fräiheet anzegräifen.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Kartheiser. Den Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Jo, merci, Här President. Ech wollt just soen, ech hu gëschter Mëtten ..., nee, gëschter Owend, hunn ech mam Klimawandel telefonéiert an ech hunn e Léif gefrot, ob e vläicht wéilt zwee Joer Paus maache wéinst dem Krich. En huet awer gesot, dass dat net a senger Iddi wär an e wäert esou virufuere wéi bis elo. An dofir mengen ech, dass mer dat heite sollten absolutt ofleenen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Cruchten. Dozou huet den Här Kartheiser eppes ze soen.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Jo, ech hunn ... Et ass en Zoufall, Här Cruchten! Ech hu gëschter mam Klimawandel telefonéiert, ech hunn nämlech geduecht, ech komme guer net un en, well den Här Turmes ...

(*Interruption*)

... hat nämlech hei gesot, mir kriteen ni méi e Wanter ënner null Grad!

**M. Sven Clement** (Piraten) | Dir mengt jo nach ëmmer, et géif en net ginn!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | An do hunn ech geduecht, ma da ruff awer emol un, an elo ass Wanter, Hierscht, mir sinn nach net am Wanter, sot mer dach: Mir si bei minus 7 – wou ass en dann, de Klimawandel?

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, genau. „Et gött kee Klimawandel“, huet d'ADR elo erëm gesot.

(*Brouhaha et interruptions*)

**M. Fernand Etgen**, Président | Dat huet eis awer elo net virugehollef. An ech mengen, mir kënnen elo ofstëmme iwwert d'Motioun Nummer 5.

**Vote sur la motion 5**

D'Ofstëmme fänt un. Da maache mer elo de Vote par procuration.

**Une voix** | Frot emol déi Leit mat den Iwwerschwemmungen, wéi et ass!

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | O, Iwwerschwemmungen sinn et ëmmer ginn!

**M. Fernand Etgen**, Président | De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 5 ass bei 4 Jo-Stëmme géint 56 Nee-Stëmme ofgeleent.

*Ont voté oui : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser).*

*Ont voté non : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par M. Max Hengel), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*



Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par Mme Simone Asselborn-Bintz) et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Jessie Thill), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par M. François Benoy), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova) et Mme Jessie Thill ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

### Motion 6

Da kéime mer zur Motioun Nummer 6 vun der ADR, wou et drëm geet, déi gewerkschaftlech Onofhängegkeet a Fräiheet ze respektéieren a konsequent ze schützen. An ech géif direkt d'Wuert un den honorabelen Här Gusty Graas ginn.

**M. Gusty Graas (DP)** | Merci, Här President. Ech mengen, et kann een net a Fro stellen, datt mer hei zu Lëtzebuerg net eng Kultur vun de Gewerkschaften hunn. Dat ass och gutt esou. Dat huet an deene leschte Joerzénge ëmmer derzou bäigedroen, datt mer e soziale Fridden hunn. An duerfir stellt och keen a Fro, datt mer staark Gewerkschaften hei zu Lëtzebuerg brauchen. Selbstverständlech mussen och Gewerkschaften wëssen, wou d'Grenze sinn. Hei gëtt dann elo gefuerdert, datt déi gewerkschaftlech Onofhängegkeet a Fräiheet vollëmfänglech ze respektéieren wier vun der Regierung.

Ech wëll vläicht kuerz op den Accord salarial an der Fonction publique elo zrëckkommen, deen de leschten 9. Dezember ënnerschrifft ginn ass. An do ass dee jo och presentéiert ginn an der Kommissioun vun der Fonction publique. An ech wëll spezifesch op den Artikel oder de Punkt 8 hiweisen. Do steet ënner anem: „Le Ministre de la Fonction publique aura des échanges avec les représentants de la CGFP au sujet de la liberté syndicale.“

Bon, hei betrëfft et dann an éischter Linn natierlech d'Staatsbeamtegewerkschaft. Mee ech mengen, wann d'Regierung schonn d'accord ass, fir esou e wichtege Saz an engem Accord salarial dranzesetzen, da spigelt dat jo och e gewëssenen Esprit erëm. Ech gi ganz gären zou, datt et vläicht an deene leschte Wochen a Méint zu eenzelne Virfäll komm ass, déi mussen hannerfrot ginn. Mee insgesamt kann een awer hei net der Regierung ënnerstellen, datt se net déi richteg Attitude hätt vis-à-vis vun der gewerkschaftlecher Aarbecht hei zu Lëtzebuerg, bien au contraire! Ech verweisen och op d'Tripartite.

Duerfir mengen ech also, datt déi heite Motioun u sech de Moment net noutwendeg ass, gestëmmt ze ginn. An ech géif och dowéinst hei zumindest menger Fraktioun proposéieren, se ofzeleenen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Graas. Da geet d'Wuert un den Här Mars Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo (LSAP)** | Jo, merci, Här President. Ech wëll do uknäppen, wou den Här Gusty Graas opgehalen huet. Jo, et ass wichteg, dass déi Libertés syndicales an Accord-salariale festgehalen ginn. Ech mengen, et ass awer nach méi wichteg, dass mer déi Libertés syndicales, dass mer d'Liberté de manifester, dass mer den Droit de grève, dass mer de Sozialdialog an eiser Verfassung festhalen. An et ass genoe dat, wat an deene Revisiounen, déi d'nächst Woch um Ordre du jour stinn, festgehalen gëtt an den Artikele 25, 28 an 39. Méi fest affirméieren kann een déi sozial Rechter hei zu Lëtzebuerg wuel net!

Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mars Di Bartolomeo. Da geet d'Wuert un den Här Marc Spautz.

**M. Marc Spautz (CSV)** | Merci, Här President. Ech wëll och op dat agoen, wat den Här Di Bartolomeo gesot huet. Et ass ganz gutt, dass mer dat an der Verfassung festschreiwen, mee Fakt ass, dass hei och probéiert gëtt, munchmol Gewerkschaftler ënner Drock ze setzen. Dat gëllt souwuel am öffentleche Secteur wéi am Privatsektor. Et ass e gréissere Lëtzebuerger Betrib, deen och scho verurteilt ginn ass, well e probéiert huet, un Delegéierter erunzegoen.

Duerfir hunn ech kee Problem, dass mir deem Punkt hei d'Zoustëmmung ginn, well et wichteg ass, en Akt no baussen ze setzen, dass d'Gewerkschaftsfräiheet muss mat alle Mëttele gewaart bleiwen.

Domadder ass dat net ofgewäert, wat Der sot, dass mer d'nächst Woch eppes stëmme vun der Verfassung. Mee et muss e klere Message sinn, dass d'gewerkschaftlech Fräiheete mussen erhale bleiwen. Dofir wäerte mir als CSV dës Motioun d'Zoustëmmung ginn.

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Spautz. Da geet d'Wuert un den Här Marc Goergen.

**M. Marc Goergen (Piraten)** | Merci, Här President. Et ass bekanntlech, wéi den Här Graas richtig gesot huet: Et steet elo am CGFP-Accord an dass dee Saz do dra komm ass, ass jo net ouni Grond. Et gouf do Problemer. Et gouf e Regierungsmember, wou op der Chambertribün ... Deen een Dag war eng Versammlung vun der Gewerkschaft, wou d'Regierung net gutt ewechkomm ass, deen aneren Dag kënnt dann e Minister heihinner an diskreditéiert dann e Riedner, de President vun enger Gewerkschaft, op öffentlecher Bün. Dat heescht, doropshin ass herno dee Saz dann an deen Accord komm. Et ass jo net ouni Grond. Deementsprechend ass schonn e Problem do. Et ass e Problem, iwwert deen ee muss diskutéieren.

Mir sinn net averstane mat der Form, wéi d'ADR et hei presentéiert, dass et e grouse generelle Problem war. Hei war et e Problem bei der Police, tëscht der Police an dem Ministère an de Kaderen.

Elo dës Motioun esou matzestëmmen, kënnen mer deementsprechend net. Dofir wäerte mir eis enthalten. Mee et ass awer e Sujet, iwwert deen een eng Kéier muss diskutéieren, well bis haut kounn vun deem Regierungsmember keng Entschëlleung, well herno huet sech erausgestallt, dass dat, wat hei op der Bün gesot ginn ass, komplett falsch war!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Goergen. An da geet d'Wuert un den Auteur, den Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser (ADR)** | Jo, villmools merci, Här President. Vlächcht just eng kuerz Reaktioun op dat, wat den Här Graas gesot huet. Den Här Graas huet u sech confirméiert, datt et Virfäll gouf. An aner Riedner hunn dat och elo opgegraff an et dierf keng esou Virfäll ginn.

Den Här Di Bartolomeo huet gesot: „Mir schreiwen dat an d'Verfassung.“ Mee mir hu jo och schonn international Konventiounen hei ratifizéiert iwwert déi sozial Rechter, wou d'Gewerkschaftsfräiheet an festgehalen ass. An ech mengen, mir hunn einfach eng Situatioun, wou muss – wéi den Här Spautz, mengen ech, et gesot huet – e kloert Signal hei gesat ginn, och

a Richtung Regierung eeben, datt dat do net geet. Et gëtt eng Grenz. Déi Leit mussen hir gewerkschaftlech Fräiheet ..., datt ass jo schonn eng Leeschtung.

Dir wësst jo, wéi et ass, wann ee sech an der Politik engagéiert: Dat huet eng ganz Rei, soe mer emol, Erausforderungen a Problemer an Nodeeler heiansdo. Mee eise Kollegen, déi sech a Gewerkschaften organiséieren, geet et och dacks esou. Déi fäerten ëm hir Plaz, déi fäerte vlächcht, géintiwwer dem Patronat benodeelegt ze sinn. All déi Saachen, all déi Drockméiglechkeeten, déi et do gëtt, dat muss een einfach gesinn, datt dat en Engagement ass, dat ee muss wierdegen an dat ee muss ënnerstëtzen a schützen virun allem, wann et eeben, wéi den Här Graas gesot huet, eenzel Virfäll gouf.

Mir wëllen där Virfäll keng. Dofir eeben hei deen Text. An och e Merci un d'CSV, datt se dat hei matdréit. Merci.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Kartheiser. Da ginn ech d'Wuert un den honorabelen Här Dan Kersch.

**M. Dan Kersch (LSAP)** | Här President, ech muss mech awer elo e bëssen dergéint wieren, dass hei elo esou gemaach gëtt, wéi wann op där enger Säit déi Gutt géife sëtzen, déi fir d'gewerkschaftlech Fräiheeten antrieden an op där anerer Säit déi, déi se an iergendengem Mooss wëlte beschneiden. Dat ass net de Fall! Ech mengen, dass mer hei an engem Parlament sëtzen, wou 60 Deputéierten der Meinung sinn, dass déi gewerkschaftlech Fräiheete mussen vertheidegt ginn, haut an an Zukunft, esou wéi och an der Vergaangenheet dat scho gemaach ginn ass.

Den Här Di Bartolomeo huet drop higewisen, dass mer elo wäerten eng Verfassung stëmmen, wou dat nach eng Kéier ervirgestrach gëtt a mir kënnen allequerten houfreg sinn, dass mer dat maachen.

Da kënnt awer, an do gesäit ee jo e bëssen déi Infektheet, déi awer hannert deene verschiddene Riedebeiträg elo war. Elo gëtt e bëssen esou insinuéiert, wéi wann et an der Regierung Leit géif ginn, déi dat net géifen esou gesinn, wéi ech et elo grad hei duergestallt hunn! An et gëtt d'Beispill vun engem Minister, deen net a menger Partei ass, mee deen ech awer perséinlech ganz gutt kennen a wou ech einfach wëll hei ganz kloer soen, dass ech net der Meinung sinn, dass dee géint d'gewerkschaftlech Fräiheete wär.

Mee ech mengen, dass déi ganz Diskussioun e bësse méi wäit dréit. Et muss een awer och engem Minister, deen an der Exekutiv ass, genau esou wéi all Deputéierten, deen an der Legislativ ass, hei d'Recht ginn, op der Tribün seng Meinung ausgedrécken iwwert dat, wat deen een oder anere Gewerkschaftsvertreter seet. Ech mengen, och doriwwer misst ee sech esou wäit eens sinn.

An déi ganz Poleemik ëm d'gewerkschaftlech Fräiheeten, déi ass jo net vun engem Minister annoncéiert ginn, mee déi ass lancéiert ginn opgrond vun engem Virgoe vum Parquet général. An och do mussen mir hei an dësem Haus ganz gutt oppassen, wat mer maachen. Wa mer kloer fir d'Gewaltentrennung sinn, da mussen mer och an Zukunft dem Parquet d'Opportunité des poursuites esou iwwerloossen, wéi se am Moment ass, an och dem Parquet déi Moyenen zur Verfügung loossen, déi en huet, fir eeben ze verhënnern, dass et an Zukunft zu perséinlechen Diffamatiounen kënnt am Numm vun der Gewerkschaftsfräiheet!

Et ass jo esou gewiescht, dass hei konkreet Polizisten geklot hu géint aner Polizisten, well déi am Kader vun hirer gewerkschaftlecher Aktivitéit Aussoe gemaach hunn, wou déi sech perséinlech getraff hunn. An de Parquet, souwäit, wéi ech informéiert sinn, huet dann deem, deen dann do ugesicht ginn ass, gesot: „Et

geet net duer, fir eng Prozedur ze maachen, mee mir maachen Iech awer drop opmierksam, dass dat doten esou net geet!"

Elo kann een driwwer diskutéieren, ob et richtig war, fir dann ze soen ..., well mir hunn och nach aner Saachen, déi en plus och nach derbäikommen. Mee ech mengen, dass mir hei an dësem Haus eis sollten dispenséieren, dat op dëser Plaz ze maachen. Do ka jiddweree seng perséinlech Meenung driwwer hunn. Mee ech mengen net, dass et enger Chamber gutt zu Gesiicht steet, iwwer d'Mesurë vum Parquet a vun der Justiz esou hei ze diskutéieren.

Duerfir, kommt, mir bleiwe Fouss bei Mol! Kommt, mir denken, a kommt, mir sinn eis allegueren eens, dass d'gewerkschaftlech Fräiheeten eppes Wichtiges sinn, e Gutt sinn, dat muss verteidegt ginn! Mee duerfir brauche mer keng extra Motiounen hei ze stëmmen, virun allem net, wa se vun der ADR kommen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kersch. Da geet d'Wuert un den honorabelen Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Jo, merci, Här President. Also ech wollt u sech elo net nach eng Kéier dorop reagéieren, mee wat den Här Kersch gesot huet, en huet d'Situatioun duerno jo och duergestallt mam Parquet, mécht mer awer Suergen. Well den Här Kersch huet elo nach eng Kéier dat confirméiert, wat jo och d'Press rapportéiert huet, datt e Gewerkschaftler vum Parquet kontaktéiert gouf, nodeem eng Affaire sans suite klasséiert gouf – dat muss ee soen: Nodeem d'Affär klasséiert gouf! – am Sënn, „et geet net duer fir eng Affär“, mee also de béise Fanger gemaach krut.

Éischtens emol wëll ech ganz gären a wat fir engem Code och ëmmer gesinn, wat d'Base légale vum Parquet war, fir dat ze maachen! Well ech mengen, datt do eng Ingérence war. De Parquet seet ëmmer gären, datt d'Chamber sech net soll bei hinnen ingeréieren. Ech ginn Iech Recht dodranner. Mee de Parquet soll sech dann awer och net an Affäre ingeréieren, déi se klasséiert hunn!

An da stellen ech mer d'Fro, no allem, wat mir wëssen aus der Vergaangenheet, vu Casier-bissen, Police-fichieren an ech weess net wat: Wou bleift dee Bréif dann erhalen? Wéini kritt déi Persoun dee Bréif da virgehäit? An där nächster Affär, wou en da vläicht eng Kéier eng Affär zu Recht kritt, gëtt dann dee Bréif erausgeholl fir ze soen: „Jo, et ass jo Recidive.“ Mee nee, et ass keng Recidive, well manifestement war et jo eng Affaire sans suite! A genau dat muss de Parquet dann och esou kommentéieren an net nach kommentéieren am Sënn vu „Mee pass op!“ Wann eppes klasséiert gëtt, ass et klasséiert, an dann därfer net nach iergendwou an engem Niewewee dat erëm opgemaach ginn. An dofir, mengen ech, ass déi Affär vill méi grav wéi dat, wéi Dir et elo grad duergestallt hutt!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Clement. Dann huet den Här Marc Goergen d'Wuert gefrot.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci. Also eigentlech, a menger éischter Interventioun war ech guer net op dat vun der Justiz agaangen, well ech eeben och der Meenung war, dass déi Trennung do ass. Ech war just drop agaangen, dass deen een Owend eng Argumentatioun gesot ginn ass, firwat an der Police verschidde Saachen net fonctionéieren, an de Regierungsmember deen aneren Dag net an der Chamber gesot huet, wat ee kéint besser maachen, oder sech verteidegt huet, mee just dem

Gewerkschaftspräsident virgeworf huet, e wier an enger Partei, wat duerno dementéiert ginn ass.

Dat heescht, et ass drop gespillt ginn, fir de Gewerkschaftspräsident anzeschüchteren oder wéi Der och ëmmer et wëllt nennen, anstatt dass einfach mam Thema weidergemaach ginn ass, wat ee bei der Police hätt kënne verbesseren. Dat war d'Argumentatioun an dat sinn déi gewerkschaftlech Fräiheeten, déi a mengen Ae verletzt gi sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Goergen. An da geet d'Wuert nach eng Kéier un den Här Gilles Roth.

**M. Gilles Roth** (CSV) | Jo, Här President. Ech hunn deem elo nogelauschtert. Ech wollt eigentlech näischt dozou soen. Mee ech muss soen, déi Diskussioun hei, déi sollt een net einfach esou als Diskussioun fir d'Diskussioun zrëckhalen, well do geet et ëm weesentlech Punkte vun dem Lëtzebuerger Rechtssystem!

An ech mengen, jiddwereen huet hei grouss Deeler gesot, déi och richtig sinn, de part et d'autre. Dat wat hei spillt, dat ass fir mech, hale mir zrëck: Et gëtt eng Gewaltentrennung, mee déi Gewaltentrennung, déi ass net à sens unique, weeder an déi eng Richtung nach an déi aner Richtung.

An ech mengen, mir géifen eis gutt drun doen, well dass ... D'Piraten mentionéieren dee Punkt 11 oder 10 an dem Accord salarial, deen tëschent der Regierung iwwregens ofgemaach gouf an där gréisster Gewerkschaft aus dem öffentliche Dénsgsch. Dee kënnt jo net vun einfach esou. Dat ass net, fir engem e Gefalen ze maachen. Dat ass en Accord, deen herno och eng Kéier an der Chamber als comme tel zum Vott ënnerluecht gëtt!

An ech wëll awer do soen, mir wëllen eng Proposition de loi deposéieren, fir dem sougenannten „Avertissement“, deen de Parquet ausstellt, fir deem eng gesetzlech Basis ze ginn, wéini en e kann erstellen a wéini en en net kann erstellen a wat kann – an dat huet de Sven Clement richtig gesot – iwwert eng Persoun, wou Classements sans suite vun eppes gemaach ginn, archivéiert ginn a welleche Fichieren och ëmmer oder net?

Mir wëllen dat maachen, änlech wéi dat a Frankräich ass. A mir wiere frou, wann d'Regierung vläicht och kéint sech mat op dee Wee herno beweegen, fir dass d'Chamber esou séier wéi méiglech dat do eng Kéier kéint ofschléissen. Well dat ass e wichtege Punkt an et si ganz éierlech gesot Avertissemente ginn u Presidenten. Ob ee mat den Äusserungen d'accord ass oder net vu Gewerkschaften, wou et keng Base légale gëtt, well an der Justizkommissioun ass vun ieweschter Instanz vun der Justizautoritéit ... an et si jo vill Kolleeginnen a Kolleegen hei dobäi, déi konnten dat soen: „Et gëtt keng Base légale dofir.“ Duerfir muss mer eng schafen!

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Roth. Ech mengen, da kënne mer elo zum Vott ... nee den Här Kersch kritt d'Wuert.

**M. Dan Kersch** (LSAP) | Ech wollt just soen, dass ech dat eng gutt Iddi fanne vum Här Roth. Méi wollt ech net soen. Jiddweree wëll iesse goen, ech weess dat!

(Hilarité)

**M. Fernand Etgen**, Président | Da komme mer elo zum Vott vun der Motioun Nummer 6.

**Vote sur la motion 6**

D'Ofstëmme fänkt un. Da maache mer elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

D'Motioun Nummer 6 ass bei 27 Jo-Stëmmen, 31 Nee-Stëmmen an 2 Abstentionen ofgeleent.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Georges Mischo), Claude Wiseler et Michel Wolter ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser) ;*

*Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Ont voté non : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Gusty Graas) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch (par M. Yves Cruchten) et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par M. François Benoy), Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary (par Mme Jessie Thill), M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue (par Mme Semiray Ahmedova) et Mme Jessie Thill.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

**Motion 7**

Da kéime mer elo zur Motioun Nummer 7 vun de Piraten, wou gefrot gëtt, e Fonds de subside opzestelle fir ASBLen am Beräich Rechtsstaatlechkeet a Mënscherechter. Den Här Yves Cruchten freet d'Wuert.

**M. Yves Cruchten** (LSAP) | Merci, Här President. Merci och dem Här Clement an de Piraten fir déi Motioun, déi mer, mengen ech, allegueren kënne gutt fannen. Ech hu just net esou richtig verstanen, wat e genau wëllt. Ech weess net, ob et Iech opgefall ass, mee dëst Joer ass en neien Artikel bäikomm am Budget, den Artikel 33.012 „Participation de l'État au frais des organisations œuvrant dans le domaine des droits humains au Luxembourg“. Dat ass en neien Artikel, wou, mengen ech, genau déi Associatiounen, déi Dir mat engem Subsid viséiere wëllt, betraff wäeren.

An ech froe mech, ob et net vläicht ... Bon, elo kann ee vläicht driwwer diskutéieren: Ginn déi 75.000 Euro duer? Wat geschitt genau mat deenen? Wie kritt dovunner? Mee elo kéint ech mer awer och virstellen, dass et eventuell nach esou änlech Subsidien net nëmme bei der Justiz, mee vläicht och bei der Kooperatioun oder vläicht am Ausseministère oder, ech weess net, bei der Famille gëtt.

Dofir wollt ech den Auteur froen, ob en net bereet wär, dass mer eng Kéier fir d'éischt, ier mer hei doriwwer ofstëmmen an der Plenië, fir d'éischt eng Kéier eng Diskussioun doriwwer féiere mat concernéierte Regierungsmembere fir ze kucken: Wéi kréien ONGen hei zu Lëtzebuerg, déi an de Beräicher Rechtsstaatlechkeet a Mënscherechter aktiv sinn, wéi kréien déi konkret gehollef? Dat wier meng Demande.

Merçi.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Cruchten. Ech géif dann direkt d'Wuert un den Auteur gi vun der Motioun, den Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Merci och dem Yves Cruchten fir déi Remarken.



Den Artikel 33.012, dat hu mer tatsächlech nogefrot gehat bei der Regierung. Dat ass net esou viséiert wéi dat, fir méi Organisatioun ze ënnerstëtzen, et ass tatsächlech eng singular Aktioun, déi anscheinend domat ënnerstëtzt soll ginn.

Mir gesinn et e bësse méi wäit, mee mir sinn awer gäre bereet, dat an der Kommissioun dann och méi wäit a méi breet ze diskutéieren, soudatt ech kee Problem domadder hunn, dat an d'Kommissioun ze verweisen.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Clement.

#### **Vote sur le renvoi de la motion 7 en commission**

Wien ass d'accord, dass mer dat an d'Kommissioun verweisen? Dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Domadder gëtt dës Motioun an d'Kommissioun verweisen.

*(La motion 7 de M. Sven Clement est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile et à la Commission de la Justice.)*

## **5. Ordre du jour**

Da froen ech, fir eng Modifikatioun vum Ordre du jour ze maachen. Et gëtt proposéiert, dass mer de Moien nach just de Projet de loi 8105 iwwert d'Attributioun vun der Garantie de l'État un d'Zentralbank sollen evakuéieren an d'Punkte 4 bis 8 vum Ordre du jour op de Mëtteg reportéieren. Dat heescht, da géif d'Sitzung um 15.00 Auer ugoen. A mir géifen dann nach elo de Projet de loi 8105 de Moien huelen.

Ass d'Chamber mat där Modifikatioun vum Ordre du jour d'accord?

*(Assentiment)*

Dann ass et esou decidéiert.

## **6. 8105 – Projet de loi relative à l'octroi de la garantie de l'État à la Banque centrale du Luxembourg dans le cadre du fonds fiduciaire pour la résilience et la durabilité du Fonds monétaire international**

An ech géif dann d'Wuert un de Rapporteur vun dësem Projet de loi ginn, den honorabelen Här André Bauler.

#### **Rapport de la Commission des Finances et du Budget**

**M. André Bauler (DP)**, rapporteur | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, léif alleguer, ech weess, dass Der alleguer gären iesse gitt, mee ech hunn nach dëse Rapport ze maachen. E war virgesinn an et ass jo elo och esou decidéiert ginn. Ech maachen et ganz séier.

An de leschten Deeg hu mer eis hei an der Chamber déi néideg Zäit geholl, fir iwwert de Budget ze diskutéieren an ofzestëmmen. De Gesetzesprojet, deen ech Iech hei virstellen, den Article unique, hätt am Fong och solle mam Staatsbudget gestëmmt ginn. Mee den Artikel gouf elo nach eng Kéier separat deponéiert, fir hei enger Opposition formelle vum Staatsrot nozekommen.

De Staatsrot hat a sengem Avis vum 15. November zum Budget 2023 nämlech gesot, dass e separat Spezialgesetz gestëmmt misst ginn, fir eng Staatsgarantie ze accordéieren, dat mam Verweis op den Artikel 99 vun der Verfassung. Dowéinst kucke mer eis dëse Projet elo kuerz un.

Mir komme mat dësem Projet eise Verflichtung vis-à-vis vum Internationale Währungs-fong, dem FMI, dem Fonds monétaire international, no. Et geet drëm, der Regierung d'Erlabnis ze ginn, fir d'Staatsgarantie un d'Lëtzeburger Zentralbank ze ginn am Kader vu Präten, déi si un de Resilienz- an Nohaltegkeetsfong vum FMI maache kann.

Am Kader vun der Pandemie huet den FMI decidéiert, eng Liquiditéitssprëtzen un déi 190 Memberstaaten vum FMI ze maachen. Hei kruten d'Memberstaaten eng generell Allocatioun vun Droits de tirage spéciaux, dat dem Kapital no, dat si am Weltwährungs-fong hunn.

Vu, dass déi méi räich Länner awer wierklech net op dës ugewise sinn, ass elo entscheet ginn, fir dës Droits de tirage spéciaux weiderzeverléinen. En Droit de tirage spécial, kuerz DTS, dat ass keng Währung, mat där een eppes kafe kann. Déi DTSen, dat ass en Avoir, deen also als Éischt an eng haart Währung, sief dat an Dollar oder an Euro ëmgetosch muss ginn. Lëtzebuerg, zesumme mat anere Länner, huet sech fräiwëlleg derfir bereet erkläert, d'DTSe vun anere Länner ëmzetauschen, wa si dat géifen ufroen iwwert den FMI. Dat heescht an eise Fall, dass d'Lëtzeburger Zentralbank déi DTSe géint Euro tauscht.

Eng zweet Méiglechkeet, dat ass, fir op Basis vun den DTSe Suen ze léinen. De Weltwährungs-fong kann dank dem Nohaltegkeets- a Resilienz-fong da méi laang Präte maachen. Do schwätze mir vun 20 Joer fir Länner, déi en voie de développement sinn an och Länner mat mëttlerem Akommen, dat dann och zu ganz avantagéise Konditiounen, dat heescht virun allem mat engem ganz niddregen Zënssaz.

Déi eenzeg Konditiounen sinn am Fong, dass d'Länner sech zu Reformen engagéieren müssen am Sënn vun der nohalteger Transition, mee och der Resilienz, der Widerstandsfähigkeit, vis-à-vis vu méiglechen Pandemien.

Dat ass effektiv eng nei Donne, wann ee bedenkt, dass den FMI grondsätzlech just kuerz Präte mécht. Dat ass also eng nei an innovativ Approche vum Weltwährungs-fong.

D'Lëtzeburger Regierung huet sech dofir entscheet, fir 20 % vun der DTS-Allocatioun, déi mir 2021 kruten, un dëse Fong weiderzeginn. Natierlech ass e gewësene Risiko do, dass d'Suen net zrëckbezuelt ginn. Well d'Europäesch Zentralbank keng Staatsfinanzéierung maachen dierf, sou wéi dat an den EU-Traitée festgehalen ass, freet eis Lëtzeburger Zentralbank änlech wéi an aneren europäesche Memberstaaten, dass d'Lëtzeburger Regierung integral méiglech Präten iwwer eng Staatsgarantie deckt.

An enger nächster Etapp, soubal d'Gesetz gestëmmt ass, géif dann eng Konventioun tëscht dem Lëtzeburger Staat an der Zentralbank ënnerschriwwen ginn, fir d'Modalitéiten vun der Staatsgarantie festzehalen.

2021 krut Lëtzebuerg 1,26 Milliarden DTSEN, dat entsprécht ongeféier 1,6 Milliarden Euro. Dovunner gi mir elo den Equivalent vu ronn 325 Milliounen Euro un den FMI, also ee Fënneftel. Do fléisst kee Geld aus eiser Staatskeess, ma se wäerten als Präte vun der Lëtzeburger Zentralbank un de Weltwährungs-fong accordéiert ginn. Just 5 Milliounen ginn iwwert de Budget bezuelt an zwar an en Dëppen, fir dat emol esou salopp ze formuléieren, wat als Sécherheetspuffer dënge soll.

Zu gudder Lescht wollt ech nach op eng wichteg Fro agoen, déi an der Kommissioun opkomm war, déi gestallt ginn ass: Wat ass d'Warscheinlechkeet, d'Probabilitéit, dass d'Garantie wierklech gezu gëtt? Hei krute

mer säitens de Beamten aus dem Finanzministère erkläert, dass dëse Risiko extreem niddreg ass. Den FMI minimiséiert de Risiko nämlech aktiv.

Den FMI vergëtt just Präten, wann d'Remboursement-capacitéit do ass, dat heescht, wann d'Land, dat den Emprunt mécht, bewiese kann, dass et d'Suen zrëckbezele wäert. Zweetens gëtt et e Puffer mat Suen, déi an enger éischter Phas géife benotzt ginn, éier d'Staatsgarantien u sech an d'Spill kommen. Hei injectéiert Lëtzebuerg, wéi gesot, 5 Milliounen Euro. Déi aner Länner maachen dann och Contributiounen, soudatt dëse Puffer, vun deem ech elo just geschwat hunn, gutt dotéiert gëtt.

Här President, léif alleguer, dass war et dann och vun dësem Projet de loi. Dësen Text ass elo eng Autorisatioun, déi gebraucht gëtt, fir dass Lëtzebuerg un dëser Initiativ, dem Nohaltegkeets- a Resilienz-fong, deelhuele kann.

Zu gudder Lescht soen ech nach der Madamm Finanzministesch an hire Beamten, esou wéi awer och der zouverlässegere Beamtin hei aus der Chamber a mengem treie Mataarbechter Merci fir déi flott Zesummenarbeit am Kader vun dësem Projet. D'DP-Fraktioun gëtt dann och heimadder den Accord zu dësem Text.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci.

**M. André Bauler (DP)**, rapporteur | Merci fir Är Opmierksamkeet léif alleguer, an dann och merci Iech, Här President.

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci, Här Rapporteur André Bauler. Dir wësst, wann et op d'Mëttegiessen zougeet, dass ech een ongedëllege Mënsch sinn.

*(Hilarité)*

An ech ginn elo d'Wuert un den éischten ageschriwwene Riedner, den honorabelen Här Laurent Mosar.

#### **Discussion générale**

**M. Laurent Mosar (CSV)** | Net nëmme Dir, Här President, gitt ongedëlleg, ech och! Duerfir wäert ech Är Gedold net strapazéieren. E Merci un de Rapporteur an den Accord vun eiser Fraktioun.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen, Président** | Merci villmools, Här Mosar. An da wier et um honorabelen Här Yves Cruchten.

**M. Yves Cruchten (LSAP)** | Ech soen dem Här Bauler villmools Merci fir säi Rapport a ginn den Accord vun der LSAP.

**M. Fernand Etgen, Président** | An d'Wuert geet weider un den Här François Benoy, net ouni dem Här Yves Cruchten Merci ze soen.

**M. François Benoy (déi gréng)** | Merci, Här President. Jo, ech erlabe mer trotzdeem e puer Wuert ze soen. Mir alleguerte spieren de Klimawandel hei schonn. Mir hunn dat an de leschte Summere ganz speziell gespiert, mee och an anere Situatiounen.

Mee et dierf een do awer net vergiessen, dass op anere Plazen op der Welt, deen haut scho vill méi hefteg ass. Ech denken zum Beispill un d'Iwwerschwemmungen an de Regiounen Pakistan, Bangladesch oder un d'Drëcheperioden, wierklech, déi ganz brutal sinn an Afrika. An et sinn, voilà, Milliounen Leit, déi dowéinst elo scho Schwierigkeiten hunn, wat den Accès ueget op Drënkwaasser respektiv an der Liewensmëttelproduktioun, Milliounen Leit och, déi hiert Doheem verléieren, wat och an Zukunft nach d'Flüchtlingsstréim wäert verstärken.

Dat Brutaalt do drun ass wierklech, dass eigentlech déi Ärmst, déi déi och am mannste Verantwortung